



kann entwéckelen, an datt och jidderee säint dozou bäizedroen huet, den Enseignant, dat edukatiivt Personal, e SPOS an och en administratiivt respektiv technesch Personal, wat och iergendzousch do mat säint muss leeschten, datt dat eben net nëmmen den eenzelnen Enseignant viru senge Schüler, viru senger Klass ass, mä eng ganz Schoul, déi sech kollektiv dann och Ziler setzt.

Well mir hätte gären, datt e Schoulentwécklungsprozess breet gedroen ass, datt net jidderee säin eegene Schoulentwécklungsprozess huet, mä datt dat eng Diskussioun ass tëschent deenen, déi dozou professionell musse bäidroen, den Enseignanten an deem anere Personal, mat anere Schoulpartner zesummen, sécherlech enger Direktioun, den Elteren an och virun allem de Schüler, datt ee sech do zesummen Ziler setzt an och zesummen da kuckt, déi Ziler do ze erreechen a während dräi Joer dohinnerzeschaffen.

Dat ass op jidde Fall meng Virstellung vu Schoulentwécklung. Dat anert kann ech mer net virstellen, datt jidderee weider just fir sech seng Ziler setzt a jiddereen an déi Richtung geet, wéi en dat dann nun ebe grad emol fir richtig féinnt. Do komme mer sécherlech als ganz Schoul net virun.

Duerfir sinn ech frou, datt mer d'Geleëenheet konnter notzen, wéi äänlech Entwécklungsprozesser an der gesamter Fonction publique elo agefouert goufen, déi eigentlech och als Basis ze huele fir Entwécklungsprozesser, déi och am Secondaire scho bestanen hunn, nämlech de Plan de développement scolaire, och iwwert d'Organisationsform vun der Cellule de développement scolaire do kloer ze regelen, datt mer net herno zwou verschidde Base-légallen hätten, zwee verschidde Prozesser niewenteneen hätten, mä datt mer déi hei an ee Prozess kënnen eraféieren.

An do maache mer hei eppes, wat eigentlech elo eng „simple transposition“ vun enger Reform an der Fonction publique an den Domän vun der Éducation wäit iwwerschreit!

Mir kënnen eis jo awer nach un déi Diskussiounen erënneren, déi mer virun enger Rei vu Joren haten iwwert d'Secondairesreform. Do war dat heiten, d'Notioun vun der Schoulentwécklung an och d'Struktur, déi mer der Schoulentwécklung ginn am Secondaire, an den eenzelne Lycéeën, awer e grouse Punkt, deen och zu Konflikter gefouert huet an dee laang ëmstridde war. An dat féiere mer awer elo heimadder an. Dat ass eigentlech e Kärstéck vun der Reform am Secondaire, déi mer de Mëtteg hei stëmmen, a bei Wäitem eben net nëmme méi just eng Transpositioun vun enger Reform an der Fonction publique an eis Lycéeën eran.

Mir féieren dann och mat dësem Gesetz e wichtegt Instrument an, wat d'Autonomie vun de Schoulen, de Lycéeën an och deenen aneren Instituter, déi direkt hei am Gesetz matbehandelt goufen, soll strukturéieren, op eng ganz kloer Basis setzen, d'Responsabilitéit vun deenen Autonomieprozesser och nach eng Kéier kloer soll definéieren, wie wat zu wat fir engen Décisioun soll kënnen bäidroen.

Ech bleiwen och duerfir der Meenung - well ech soen, eng ganz Schoul soll sech entwéckelen -, datt et hei méi wichteg ass, datt d'Schoul d'selwecht behandelt gëtt an d'Personal vun der Schoul d'selwecht behandelt gëtt, egal ob een elo Enseignant ass, ob een Éducateur ass, ob een am SPOS schafft oder an enger technescher, administrativer Équipe.

Duerfir mengen ech, datt et wichteg ass, datt mer do net nach eng Kéier iergendzousch eng kënschtlech Trennung gemaach hunn a gesot hunn: „Déi dote sinn dann éischer fir pädagogesch Iwwerleeungen an Aarbechten zoustänneg, déi éischer fir administrativ Aarbechten.“ Och déi sinn direkt mat responsabel, fir datt d'ganz Schoul funktionnéiert, an och déi hunn hir Aufgab ze iwwerhuelen, fir datt e Plan de développement scolaire ka réusséieren, an och déi gi mat consultéiert an der Opstellung vun deem Plan de développement scolaire. Dat huet also hei absolut seng Kohärenz.

An ech denken net, datt een hei elo nach eng Kéier queesch duerch d'Schoulen zwou Kategorie vu Personal muss definéieren: eng, déi nom Schoulrhythmus leeft, an eng, déi an engem administrativen Rhythmus an och am Bewäertungsrhythmus leeft.

► **Une voix.** - Et sinn awer verschidde Métieren!

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.* - Wéi déi Gespréicher do stattfannen, denken ech, datt mer dat an den nächste Méint musse kucken. Mir ginn dovunner aus, datt, och wann dat Gesetz hei de Mëtteg gestëmmt gëtt, d'Schoulen eng Virlafzäit hunn nach iwwert dat ganz

nächst Schouljoer eraus, datt mer eréischt bei der Rentrée 2018 d'Plans de développement scolaire wäerte virléien hunn, déi dann an d'Ëmsetzung kommen, an datt dann och deen Evaluatiounsprozess hei wäert ulafen.

Da si mer och en ligne an en phase mat deem Dräijoresrhythmus, deen och an den aneren Administratiounen generell an der Fonction publique gëllt. An do wäert all Direkter vun de Schoule respektiv vun den Instituter natierlech kucken, wéi e sech do an esou engem Gebai och wäert organiséieren.

Ech mengen net, datt déi kollektiv Gespréicher allegueren esou musse sinn, datt do vum Rengegungspersonal bis hin zum Attaché à la direction jiddereen zesummen an engem grouse Sall muss setzen. Ech denken och, datt een do Gespréicher ka féieren, déi zwar nach ëmmer kollektiv sinn, mä mat eenzelne Gruppe vum Personal. Dat, denken ech, ass alles méiglech, och mat dësem Gesetz. Mä do muss een awer och e bëssen de bon Sens an d'Responsabilitéit vun den Direkteren, mengen ech, mat considéieren.

An och, wa mer hei festschreiwen, wéini Evaluatiounsgespréicher, och individuell Evaluatiounsgespréicher stattfannen hunn, fir dann och ze kucken, an där virgeschriwwener Evaluatiounsprozedur do eng Bewäertung ze maachen, déi jo och positiv Konsequenzen herno fir den eenzelnen Agent kann hunn, entbënt dat sécherlech net den Direkter, fir mat senger ganzer Équipe ze communiquéieren, ze schwätzen.

Ech ka mer net virstellen, datt een als Direkter sech a säi Büro sëtze geet a just waart: „Wéini ass den nächsten Zäitpunkt, wou ech e Evaluatiounsgespräch mat engem vun den Agente ka féieren? Ah, et sinn nach zwee Joer! Da muss ech elo waarden, bis ech em dat dote ka soen.“ Dat ass jo sécherlech net dat, wat heimadder gemengt ass!

Mir hunn da gesetzlech virgeschriwwen Terminer an der Evaluatiounsprozedur. An et ass eng vum Direkter senge Kärresponsabilitéiten, fir och eng Inspektioun vu sengem Personal ze maachen, fir och emol heiansdo an de Klasse-sall era kucken ze goen an dann och dozou seng Meenung ze äusseren, wéi d'Stonn gehale ginn ass, an natierlech och Ried an Äntwert ze stoen, wann en Agent, sief dat e Professer oder en aneren, emol eng Kéier eng Fro huet. Dat gehéiert dozou, wann een eng Schoul wëllt dirigéieren. Duerfir soll keen esou maachen, wéi wann dat elo heimadder absolut net méi méiglech wär. Dat war gewünscht virun haut de Mëtteg, a wäert och, wa mer dat Gesetz hei stëmmen, duerno nach gewünscht sinn.

D'CSV huet eng Motioun erabruucht. Ech hätt verstanen, datt ee vläicht gesot hätt: „Mir stëmmen dat dote Gesetz. Mir wäeren awer frou, wa mer do nach iergendzousch duerno nach eng Kéier kéinten driwwerkucken: Wéi gëtt et dann och ëmgesat?“ D'CSV seet awer: „Mir stëmmen dat dote Gesetz net. Mir müssen awer dann nach eng Motioun erabringen.“ An ech fannen eigentlech an där Motioun elo näischt, wat wierklech hei d'Chamber nach eng Kéier muss fuerderen.

Ënner anerem hu mer e Gesetzesprojekt hei an d'Haus abruecht fir en Observatoire de la qualité scolaire, dee sech sécherlech och wäert der Aufgab vun de Prozesser an der ganzer Éducation unhuelen, och den Evaluatiounsprozesser, iwwerhaupt der Qualitéit och vun all deem, wat an a ronderëm d'Schoule geschitt, sech wäert unhuelen. An natierlech wäert deen och eng Aufgab hunn, fir ze kucken, ob déi heite Prozesser esou oflafen, wéi se geduecht sinn, an dann och Recommandatiounen formuléieren, déi och hei an d'Haus kommen a public wäerte sinn, wa sech dorunner eppes sollt änneren a wann och do politesch sech misst nach eng Kéier eppes bewegen, fir datt dat herno kéint nach méi performant gemaach ginn.

Duerfir gesinn ech eigentlech net an, firwat een déi Motioun do soll stëmmen, well alles dat, wat drasteet, gëtt souwisou gemaach respektiv ass virgesinn.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

(**Interruption**)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci. Ma Dir kënn och d'Wuert froe bei der Motioun. Dat géif eigentlech vläicht méi Sënn erginn.

► **Mme Martine Hansen** (CSV). - Also zur Motioun. Ech mengen, déi ass relativ kloer formuléiert. Mir wënschen eis vun der Regierung eng Evaluatioun vum Schoulentwécklungsprozess bei deenen eenzelne Schoulen, Instituter an esou weider, an eben och vum Prozess vun der Evaluatioun beim Schoulpersonal. An ech sinn net sécher, datt den Observatoire pour la qualité scolaire dat kann iwwerhuelen.

Dann hätt ech awer och nach eng Fro. Den Här Minister sot, datt en u sech keng individuell Gespréicher wëllt an där ganzer Schoul. Domadder sinn ech jo net averstanen. Mä dat ass dann och nach egal. Mä da verstinn ech net, firwat datt dat technesch Personal hei erausgeklammert gëtt, well den Entretien collectif ass fir de Personnel enseignant, socio-éducatif et administratif. An „administratif“ ass definitiv eppes aneschters wéi technesch Personal.

Merci.

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.* - Also ech denken, ech brauch do net méi drop ze äntweren. Ech hunn dozou alles gesot. Ech sinn der Meenung, datt den Observatoire de la qualité scolaire déi Aufgab do soll mat wouerhuelen, fir den Evaluatiounsprozess vun de Schoulen a vun den Enseignanten och mat ze suivéieren an och d'Schoulentwécklung ze suivéieren, ob se zu deem féiert, wéi mer se gären hätten, an och, ob de legislative Kontext deen ass, wéi mer e gären hunn. Dat ass d'Käraufgab herno vun deem Observatoire.

Fir mech gëtt et eigentlech keen direkten Ennerscheed tëscht administrativem Personal an techneschem Personal, soudatt ech scho mengen, datt dat doten eent wéi eent muss gehandelt ginn.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Domat si mer um Enn vun den Diskussiounen. Mir kënnen zum Vote iwwert den Ensembl vum Projet de loi 7019 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7019 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

59 Participatiounen um Vott, 34-mol Jo, 25-mol Nee. Domat ass de Projet de loi 7019 majoritär uegholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 7019 est adopté par 34 voix pour et 26 voix contre.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Marc Angel), Mmes Taina Boffending, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger (par M. André Bauler), Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché) et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Marc Spautz), Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(**Assentiment**)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen zur Motioun iwwergoen. Ech ginn dovun aus, dass se motivéiert ass. Nach Wuertmeldungen zur Motioun?

(**Négation**)

Da géife mer zur Ofstëmmung iwwert d'Motioun...

(**Interruption**)

Ah, entschëllegt, Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

Motion 1

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR). - Villmools Merci, Här President. Jo, ech wollt just fir d'ADR soen, datt mer der CSV Merci soen, der Madamm Hansen, datt se déi Motioun hei presentéiert huet. An de Considérante gëtt sech op dat Gesetz bezunn, wat mer elo gestëmmt hunn. Dat ass nun eemol e Fakt, och wa mir mam Inhalt vun deem Gesetz, wéi mer et elo duerch eise Vott ausgedréckt hunn, net d'accord sinn. Mat den Invitte kënnen mir awer d'accord sinn.

Et schéngt eis e bëssen aussergewéinlech ze sinn, datt den Här Minister hei argumentéiert,

mir kréiche jo elo en neit Gesetz iwwert den Observatoire vun der Qualité scolaire, dofir bräichte mer dat hei net. Mä dat Gesetz gëtt et nach net!

Et schéngt mir awer e bëssen iwwerraschend ze sinn, datt mer hei als Chamber net sollen e Wonsch däerfen ausdrécken, well e Projet de loi vun der Regierung virläit, iwwert deen dëst Haus iwwerhaupt nach net befonnt huet. Dat schéngt mer net den néidege Wee ze sinn, fir dëst Parlament ze respektéieren. Aus deem Grond fanne mir, datt et absolutt legitim ass, datt d'Parlament dëse Wonsch äussert. A mat dem Contenu vun deenen Invitte si mir och d'accord, well et dem gesonde Mënscheverstand entsprécht. Dofir wäert d'ADR dës Motioun matstëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci och. An da géife mer zum Vott iwwert d'Motioun iwwergoen.

Vote sur la motion 1

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer: 29-mol Jo an 31-mol Nee.

(**Brouhaha général et interruptions diverses**)

Ech mengen, et gëtt sech ëmmer..., et gëtt sech heiansdo op deenen zwou Säite geiert. Ech huelen d'Deklaratioun vum Här Negri zur Kenntnis.

► **Plusieurs voix.** - Aah!

(**Hilarité et brouhaha**)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci. Ass dat registriert? Merci.

Résultat définitif après redressement: la motion 1 est rejetée par 32 voix contre 28 voix.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Marc Spautz), Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mmes Taina Boffending, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger (par M. André Bauler), Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché) et M. Roberto Traversini.

Da géife mer zum nächste Punkt vun eise Ordre du jour iwwergoen, an zwar dem Projet de loi 7085, d'Adaptatioun vum Mindestloun un d'Lounentwécklung. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorabele Georges Engel.

5. 7085 - Projet de loi portant modification de l'article L. 222-9 du Code du travail

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

► **M. Georges Engel** (LSAP), *rapporteur.* - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Zil vun dësem Projet de loi ass eng Adaptatioun vum Mindestloun vun 1,4%, fir deen un d'Entwécklung vum Duerchschnittsloun während deenen zwee leschte Joren, 2014 an 2015, unzepassen, an dat dann ab dem 1. Januar 2017.

Déi lescht Upassung, vun där ech och d'Éier hat, de Rapport ze maachen, dat war eng Upassung vun 0,1%, wat dach dann awer déi lächerlech Zomm vun 1,93 Euro am Mount ausgemaach huet. Dat war fir den 1. Januar 2015. Et war awer eng Upassung un de Rhythmus vun der Lounentwécklung an duerfir konnt een déi Upassung och do vertrieiden.

Haut stëmme mer eng Augmentatioun vun 1,4% a ronn 45.000 Leit sinn direkt concer-



néiert. Fir si ginn et dann elo ronn 30 Euro respektiv 32 Euro méi an der Pai all Mount. De soziale Mindestloun klëmmt vun 1.922 op 1.949 Euro, deemno wéi et ass dann, an d'Luucht. Dat bedeit eng Méiausgab fir d'Entreprisen hei zu Lëtzebuerg vun 19,4 Milliounen Euro.

De Kontext gesat: Mir hunn eng Croissance vu méi wéi 4% vum PIB iwwer 2014 an 2015, d'Consommation vun de Ménagen ass ëm 3,7% am Joer 2014 an 0,1% am Joer 2015 an d'Luucht gaangen. Virun der Unhiewung vun den TVA-Tauxen huet de Konsum nach eng Kéier ugezunn an d'Ausgabe goufen du virgezunn a sinn dunnt 2015 erofgaangen.

Den Aarbechtsmaart huet eng Croissance vum Emploi salarié vum 2,5%. Mir hunn eng Reduktioun vum Chômage. Ënner 7% vun der Populatioun läit de Chômage, vun der Population active natierlech, wat och en Zeeche duerfir ass, dass d'Reformen an d'Moosnamen, déi de Minister Nicolas Schmit a senger Qualitéit als Aarbechtsminister ageleet huet, natierlech hir Wierkung weisen. Natierlech net vläicht alles, wat geschitt ass, ass duerch déi Reformen ze erklären oder déi Moosnamen, déi ageleet goufen. Mä sécherlech hunn déi dozou bäigedroen, dass mer haut an der Situatioun vun ënner 7% Chômage leie bei der Population active.

Mir hunn eng Inflation vum 0,6% an 0,5% am Joer 2014 an 2015 gehat. An deene leschten zwee Joer sinn d'Salarië manner séier geklomme wéi nach virun: plus 2,9% am Joer 2014 a plus 1% am Joer 2015.

Wat ass d'Methodologie? Wéi gëtt dat gerechent? Déi detailléiert Informatioun, déi fannt Der am Exposé des motifs an a mengem schréffleche Rapport.

Am Résumé kann een awer soen, dass d'Salarien, an do ginn alleguer d'Zorten och vun der Gratifikatioun matgerechent, bis zu siwemol de soziale Mindestloun - dat ass de Plaffong vun der Population de référence -, do matgerechent ginn. D'Population de référence, dat sinn alleguer d'Salariëen tëschent 20 a 65 Joer, déi à titre obligatoire bei der Pensiounskeess ugemellt sinn. Erausgerechent ginn déi 20% niddregst Salaren an déi 5% héchste Salairé, well dat géif d'Resultat verfälschen.

Wat ass d'Populatioun, déi vun dëser Mesure beträff ass? Et sinn d'Salariés rémunérés au voisinage du salaire social minimum. Dat sinn déi Salariëen, déi de Salairé horaire kréien, deen tëschent 100% an 102% vum Mindestloun ass. Dat waren 2016 12,4%.

Salariés rémunérés au voisinage du salaire social minimum: Dovunner wunnen der 60,8% hei zu Lëtzebuerg. Dat ass also e groussen Deel vun deenen, déi de soziale Mindestloun kréien. Et ass also net esou, dass déi alleguerten am noen Ausland wunnen. Neen, dovunner wunne 60,8% hei zu Lëtzebuerg. A wann ee weess, dass dee soziale Mindestloun zwar wuel deen héchsten an Europa ass - an awer net esou héich ass, wéi ee sech dat vläicht kéint wënschen -, da muss een och wëssen, dass déi Leit net ëmmer a ganz gudden Dicher sinn an och sécherlech net mat Zoossissen ugestréckt sinn.

Am meeschte beträff sinn d'Aktivitéitssecteur vum Hébergement a vun der Restauratioun, vun der Agriculture, vun der Sylviculture a vun der Pêche, an déi vum Commerce, an do sécherlech, jo, do sécherlech ganz vill Fraen.

Dat hei ass eng ganz wichteg Upassung vum Mindestloun. Leit mam Mindestloun hunn, wéi ech virdu gesot hunn, oft Problemer, fir d'Enner zesummenzekréien, an dat besonnesch weinst eisen extrem héije Liewenskäschten hei zu Lëtzebuerg, an do virun allem d'Wunnengskäschten. Et ass wierklech immens schwéier, hei zu Lëtzebuerg mat dem Mindestloun ze iwwerliewen, wann d'Wunnengskäschte 50 an nach méi Prozent vum Loun ewechhuelen.

Dës Upassung vum Mindestloun ass wichteg, fir d'Forschett tëschent den héijen an deene manner héije Paien net uwuessen ze loossen. Et ass eng Fro vu sozialer Kohäsioun an et hëlleft och, dem Phänomeen vun den „working poor“ entgéintzewierken. Ech kennen dat allze gutt aus menger Erfahrung als Sozialaarbechter, wou eng ganz Partie Leit, déi schaffe gaange sinn, 40 Stonne schaffe gaange sinn d'Woch, et awer net fäerdegruecht hunn, fir d'Enner zesummenzekréien. An dat ass ganz tragesch.

Ech wéilt och betounen, dass et absolutt positiv ass, dass elo eng zousätzlech Upassung vum soziale Mindestloun mat enger Reform vun de Steiere wäert goen an dass déi Leit do och vun der Steuerreform wäerte profitéieren; dat ënner anerem och weinst dem Crédit d'impôt.

Derbäi kënnt dann héchstwahrscheinlech nach eng Indexextranche vun 2,5%, an dann nach eng Kéier eng Erhéijung vun 1,4%, soudass et fir déi Leit, déi wierklech um ënneschten Niveau si vun eiser Gehälterskala, déi et wierklech am schwéiersten hunn, awer eng massiv Verbesserung an den nächste Woche gëtt. An ech mengen, dass et eiser - menger! - Partei, pardon, der LSAP, gutt zu Gesiicht steet, dat heiten och ganz positiv ze ernimmen. An ech wéilt dat duerfir och ganz positiv hei nach eng Kéier ervirsträichen.

Fir d'LSAP ass et och wichteg, dass parallel zur Unhiewung vum Mindestloun...

► **Une voix.**- Sidd Der Rapporteur?

► **M. Georges Engel (LSAP), rapporteur.**- Jo.

...dass parallel zur Unhiewung vum Mindestloun hei och den RMG ugepasst gëtt, nodeems déi zwou leschte Kéieren dës Upassung vum RMG net geschitt ass. Also fir d'Lescht goufen d'Barème vum RMG 2011 ugepasst.

D'Regierung huet dee Parallelismus vun der Unhiewung vum Mindestloun a vum RMG hei erëm hiergestallt. Dat ass absolutt ze begreisen, well soss déi Ënnerscheeder och do ze grouss géife ginn. Derbäi muss ee soen, dass den Ënnerscheed nach ëmmer substanzuell ass. Den RMG fir eng Persoun läit aktuell bei 1.348 Euro, wat also awer nach ëmmer eng Differenz vu 574 Euro ass par rapport zum Mindestloun an nach ëmmer 170 Euro Differenz fir déi, déi fir den RMG eng Mise au travail maachen, also déi och awer ëmmerhi 40 Stonnen d'Woch schaffe ginn.

Mä déi Leit, déi den RMG hunn - dat hunn ech virdu an gesot -, si sécherlech net mat Zoossissen ugestréckt; et sinn déi Schwaachst aus der Gesellschaft. An et steet eis alleguerten hei ganz gutt zu Gesiicht, och un déi ze denken, deenen et an eiser dach esou gutt gestallter Gesellschaft net esou gutt geet.

Mir waarden alleguerte ganz ongedëlleg op eng Reform vum RMG, déi jo dann esou munches och wäert änneren.

Als Fazit wéilt ech soen, dass d'Upassung vum Mindestloun eng gutt Mesure ass. 1,4% méi fir iwwer 45.000 Leit, dat ass eng gutt Saach, ronn 30 Euro respektiv 32,28 Euro méi an der Pai all Mount. De Mindestloun klëmmt wéi gesot vun 1.992 (veuillez lire: 1.922) op 1.949. An derbäi komme jo dann och nach déi 1,4% vum RMG, deen och an d'Luucht geet. Dat ass fir eis déi richteg Richtung.

Ech wéilt der Regierung och félicitéieren, dass se, wéi ech scho virdu gesot hunn, um Prinzip festhält, dass de Mindestloun ugepasst gëtt un d'Lounentwécklung, eng Upassung, déi gesetzlech net muss onbedéngt geschéien, well am Gesetz, do steet: «Le niveau du salaire social minimum est fixé par la loi» an «À cette fin, toutes les deux années, le Gouvernement soumettra à la Chambre des Députés un rapport sur l'évolution des conditions économiques générales et des revenus accompagnés», an da kënnt d'Wuert oder da kommen dräi Wieder: «le cas échéant, d'un projet de loi portant relèvement du niveau du salaire social minimum.»

Dat gesäit an dësem Land net jiddwereen esou, dass déi Upassung do soll geschéien. Ech sinn awer frou, dass mer hei an der Chamber mat grousser Wahrscheinlechkeet eng grouss Majoritéit wäerte fanne fir déi Erhéijung hei. An ech ginn domadder den Accord vun der sozialistescher Partei an ech soen lech Merci fir d'No-lauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Rapporteur. Wann ech richteg verstanen hunn, huet de Rapporteur de Rapport virgedroen an en huet och am Numm vu senger Fraktioun geschwat. Ech géif e bieden, an Zukunft...

(*Interruption par M. Georges Engel*)

...an Zukunft dat vläicht méi kloer ze trennen. Merci.

Da géif ech elo d'Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner ginn. Dat ass den Här Marc Spautz fir d'CSV.

Discussion générale

► **M. Marc Spautz (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt hunn ech elo e Problem: An der Documentation parlementaire steet, dass de Mindestloun ëm 26,92 Euro an d'Luucht geet. Den Här Engel huet elo ëmmer geschwat vun 30. Et ass jo awer esou, dass et nach ëmmer dat Dokument ass, wat mer kritt hunn, mam Commentaire des articles, dass et dee Chiffer ass, deen zielt, an net 30, mä dass et 26,92 ass? Oder ass den Tableau falsch am Projet?

Et ass nämlech wichteg, dass mer eis dorüwer eens sinn, wat mer nämlech heibannen...

► **Une voix.**- Ech hunn och elo grad...

► **M. Marc Spautz (CSV).**- ...wat mer nämlech heibanne stëmmen. Net dass mer hei dat eent soen an dat anert stëmmen. Et ass just dofir, Här President, wou ech op déi Remarque awer och wéill hiweisen.

D'CSV ënnerstëtzt de Projet 7085, deen d'Lounsituatioun verbessert vu ronn 46.000 schaffende Leit an hire Familljen. A mat Ausnam vun deem Rechenpunkt géif ech dem Här Engel och gär Merci soe fir seng ausféierlech Erklärungen, déi e gemaach huet.

De qualifizéierten an och den net qualifizéierte Mindestloun klëmmt, an dat mécht ronn 1,4% fir d'Leit aus. D'CSV begreist dat. D'CSV stellt sech awer - ausser dat vum RMG, wou den Här Engel drop agaangen ass - d'Fro: Wéi ass et mat Lehrlingsentschädigungen? Dat gehéiert net direkt an de Projet vum Mindestloun mat eran. Mä d'selwecht wéi beim RMG ass do ëmmer e Parallélisme gewiescht, heiansdo ass ugepasst ginn an heiansdo ass net ugepasst ginn, an dofir wier et och interessant - ech weess zwar, dass et net den Aarbechtsminister ass, deen dofir zoustänneg ass -, fir awer ze wëssen, ob prinzipiell och do déi Upassung fir déi Leit kënnt, déi an enger Léier sinn.

Et dréit sech och drëm, dass ee kuckt, wat bei deem Mindestloun geschitt ass. Dat si 46.000 Leit, déi do derfir schaffen. An den Här Engel huet et ënnerstrach, en huet et gesot, bei der Steuerreform kënnt och nach eppes do derbäi weinst dem Forfait, deen e gesot huet. Mä et muss ee sech d'Fro stellen, ob een dat Ganzt, Mindestloun a Steuerreform, net misst als ee Package kucken, an dann hätt een och kënnen den Agangssteiersaz vill méi héich an d'Luucht setzen. Den Agangssteiersaz méi héich an d'Luucht setzen, hätt d'Betriber an domadder d'Kompetitivitéit net a Fro gestallt, mä et hätt de Leit awer ënnert dem Stréch méi bruecht.

Wann een nämlech den Agangssteiersaz an d'Luucht setzt, da sinn d'Steieren ewech an et ass gläichzäitig de Package vun de Solidaritätssteieren ewech. A mir sinn als CSV där Meinung - awer et ass jo nach ëmmer méiglech, d'Regierung kënnt jo eréischt d'nächst Woch mat der Steuerreform -, dass een deen Agangssteiersaz misst an d'Luucht setzen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- De Kleesche war gëschter.

► **M. Marc Spautz (CSV).**- Da belaauscht een net, da belaauscht een nämlech net...

(*Interruptions diverses*)

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Neen, de Kleeschen ass gëschter komm!

► **Une voix.**- Si hunn ugefaangen!

(*Hilarité et interruptions*)

► **Une autre voix.**- Dir schwätzt vum Housker!

► **M. Marc Spautz (CSV).**- Wien huet d'Wuert, Här President?

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Et huet just een d'Wuert, Här Spautz.

M. Marc Spautz (CSV).- Okay, Merci, Här President.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Dir schwätzt net!

(*Hilarité*)

► **M. Marc Spautz (CSV).**- Ech wollt dofir nach eng Kéier soen: D'Regierung huet jo d'Méiglechkeet, d'nächst Woch nach Amendementer ze maachen an den Agangssteiersaz méi an d'Luucht ze setzen, fir dass déi Leit, déi de Mindestloun hunn oder bis 120% vum Mindestloun hunn, kënnen vun der Steuer befreit ginn. Datselwecht spillt bei der Solidaritätssteuer. Dat géif sécherlech dozou bäidroen, fir déi Familien nach zousätzlech ze entlaaschten, an et géif d'Betriber net belaauchten. Well nämlech de Problem jo do war bei deem Zukunfts- oder Spuerpak - deemno wéi een et seet -, mat der Erhéijung vun der TVA, mat der Sträichunge vun den Allocations, déi alleguerte stattfonnt hunn, dass et virun allem déi kleng Leit sinn, déi verluer hunn. Et si virun allem déi kleng Leit, déi et am meeschte getraff huet. An dofir si mir der Meinung, dass een och iwwert dee Wee dat nach kéint redresséieren.

Et muss ee jo och kucken, wann ee vu sozialer Gerechtegkeet schwätzt, wat dat ass. An ech kommen do op dem Här Minister seng Servicer, déi hu jo d'lescht Woch zesumme mam Statec eng Analys erausginn, déi huet geheescht Rapport „Travail et cohésion sociale“, an do gesäit ee jo och, wéi vill Leit dovun beträff sinn a wat fir eng Leit dovun beträff sinn an dass een och do weider néideg hätt, deene Leit ze hëllefen, well déi Leit hunn net vun der wirtschaftlecher Entwécklung profitéiert wéi all déi aner. Wann een do kuckt, gesäit een, dass déi 10% vun deene räichste Stéit 22,7% vun

de Revenuen hunn an déi 10% um Wupp nëmmen 3,5%. An dann ass et kloer, dass fir déi Stéit a Familien, déi mam Mindestloun liewen, hei hätt misse méi dra sinn! Besonnesch, an ech widderhuelen et, well grad déi Kategorie vun der Populatioun an der éischter Halschent vun dëser aktueller Legislaturperiod vill zougemutt kritt huet a ganz vill verluer huet, a well dat am Prozentsaz vis-à-vis vun deenen anere vill, vill méi ass an déi dat och vill méi spieren.

Et muss ee jo och wëssen, och wann, wéi den Här Engel hei ënnerstrach huet, se elo de Mindestloun kréien an e bësse bei de Steiere kréien a se och nach den Index kréien: Ma den Index kritt all Mënsch, an deen Index ass näischt, wat elo eleng deenen heite Leit zousteet, mä alleguerten de Leit. Dofir fannen ech et net gutt, wann een hei Mindestlounpolitik an Indexpolitik zesummen an een Dëppe mécht, well den Index ass eppes, wat all Mënsch kritt, an de Mindestloun hei u sech ass eppes, fir deenen ënneschte Schichten ze hëllefen. Et spillt och herno an de Plaffong bei der Sozialversécherung, jo, mä et geet awer och virun allem drëm, deene Leit, déi ënne sinn, ze hëllefen!

Et geet drëm, fir deene Leit d'Kafkraaft ze garantéieren, d'Kafkraaft, well et sinn déi Leit, déi déi Suen, déi se bäikréien, och an d'Wirtschaft droen; et sinn déi, déi se an de Commerce droen, also wier dat och e Gewënn fir jiddwereen, an et sinn net grad déi Stéit, déi mam Mindestloun liewen, déi am Floribus liewen! Mä et wier gutt gewiescht, wann do eppes geschitt wär.

Déiselwecht Fro kann ee sech stellen, an ech hat dem Här Minister se scho gestallt an der Kommissioun, an dofir erënnere ech och nach eng Kéier drun: Am Budget 2017 ginn 72 Milliounen net méi abezuelte vun der Regierung an de Fonds pour l'emploi, well nämlech genuch iwwer aner Weeër an de Fonds pour l'emploi kënnt - dat ass am Budgetsprojekt 2017 nozeliesen -, an do hätt ee sech och do kënnen d'Fro stellen, ob een net en Deel dovunner hätt awer kënnen deene kleng Leit zoukomme loossen iwwert de Wee vun der Solidaritätssteuer.

Dann hätt ee gesot: Mir maachen eng aner Ëmverdeelung an et ass net de Stat, deen déi 72 Milliounen sträicht, mä mir maachen eppes bei deenen ënneschte Schichten. Mat der Steuerbefreiung, weess ech jo, bezuele se automatesch keng Solidaritätssteuer méi. Dann hätt een alles dat kënnen mat berücksichtegen. An ech ginn nach ëmmer dovun aus an ech hoffen nach ëmmer, dass, wéi den Här Engel et virdu gesot huet, d'Sozialistesche Aarbechterpartei deen néidege Rééquilibrage ka maachen. Dat ass jo d'nächst Woch bei der Steuerreform méiglech, dass et do dann zu engem Rééquilibrage kënnt, an dat och am Interesse vun deene kleng Leit.

Well ech wéill drun erënnere, 2010 hunn d'Betriber 50 Milliounen Solidaritätssteuer bezuelte an d'Personne-physiqué 50 Milliounen. 2014 hunn d'Betriber 100 Milliounen bezuelte an d'Personne-physiquen 300 Milliounen! Dofir war et dann och méiglech, elo am Budget déi Kierzung ze maachen. Mä et hätt ee se jo net misse maachen. Et hätt ee se och kënnen bei der Leit maachen, et hätt ee se och kënnen bei deene Schichte maache bis 120% vum Mindestloun, dass déi keng Steiere méi ze bezuelen hätten.

An iwwregens, déi lwwerleeung maachen ech jo net eleng! Déi lwwerleeung gëtt jo och nach vun anere Leit gemaach! Net nëmmen d'CSV bréngt déi lwwerleeung! Mä ech liesen am „Tageblatt“, dass den OGB-L och d'Fro opgeworf huet, an dat an enger Pressekonferenz vum Här Roeltgen den 10. November 2015, wou den Här Roeltgen an déi Fro do gestallt huet, ob een dat net kéint esou regléieren. Dofir nach eng Kéier mäin Appell: D'Regierung huet jo nach d'Méiglechkeet, dat ze maache bis d'nächst Woch, fir dat och an d'Wee ze leeden.

Elo kann een natierlech soen, an ech ginn dovun aus, dofir huelen ech dem Här Schmit dat scho virewech, e seet: „Majo, mir hunn awer zesummen nach eng Kéier décidéiert, d'Solidaritätssteuer unzehiewen an der viiregter Legislaturperiod.“ Jo, mä do hate mer awer eng aner finanziell Situatioun! Do hate mer eng ganz aner finanziell Situatioun an do hu mer net ugefaangen, iwwerall lénks a riets auszedeele, mä do hu mer alles gemaach, fir d'Finanzen zesummenzekréien a fir am Fonds pour l'emploi och déi néideg Suen ze hunn, fir dat ze maachen. An dat huet jo geännert! Well soss kéinte mer jo net gläichzäitig all déi Reforme maachen, wou mer elo op eemol de Leit erëm alles dat wëllen erëmginn, wat mer hinnen deemools geholl hunn. Da wier och hei eng Méiglechkeet gewiescht, bei der Solidaritätssteuer de Leit dat erëmzeginn, wat mer hinne geholl hunn.



Et muss ee sech jo d'Fro stellen: Maache mer nach méi eng grouss Zweedréttelgesellschaft - zwee Dréttel, deenen et gutt geet, an een Dréttel, dee struewart? Well dat Ganzt betrëfft jo net nëmmen d'Leit mam Mindestloun! Dat betrëfft jo och déi Leit, déi wunnen! Well dee gréissten Deel vum Loyer jo och doriwwer berechent gëtt. Dat betrëfft déi Elengerzéiend.

An ech wëll drun erënneren: Virun dräi Joer ass heibannen eng grouss Debatt gefouert ginn, dass ee misst eppes maachen, fir deenen Elengerzéiende massiv kënnen ze hëllefen, an do géifen Akzenter gesat ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, et si méi wéi zwee an en halleft Joer bis elo vergaangen. Vun deenen Akzenter fir déi Elengerzéiend hunn ech nach näischt gesinn! Mä et ka jo sinn, d'nächst Woch - also ech gleewe jo un alles -, dass d'nächst Woch bei der Steuerreform och do nach Méiglechkeete kommen, fir dass mer och deene Leit, deenen Elengerzéier, majoritär Fraen, déi Hëllef kënnen ginn, déi si brauchen.

Et ass datselwecht bei Jonken, déi an enger prekärer beruflecher Situatioun sinn. Et ass och bei de Laangzäitchômeuren iwwer 45 Joer, un deene jo vill Betriber, wou mer alleguerte wësse firwat, net méi grad interesséiert sinn. Mä och déi mussen da mat deem Loun weider liewen! An och do gëtt de Réemploi an alles dat, wat mer jo nach hunn, respektiv wat mer aneres wäerten an Zukunft hunn, och ëmmer am Verglach zum Mindestloun gestallt.

Ech kéint elo nach weiderfueren an nach vill Opzielunge maachen. Mä ech wëll dat net, well mir gesinn eis jo nach d'nächst Woch an d'iwwernächst Woch bei deene verschiddenschten Themen dozou erëm.

Ech mengen, dass et wichteg ass, dass mer Etüde maachen, dass mer „space mining“ maachen. Wou ass Lëtzebuerg drun? Wou leien eis Kompetenzen? Mä mir sollen awer och, an dat huet eis an der Vergaangenheet ëmmer guttgedoen, net eleng nëmmen no de Stäre gräifen, mä mir mussen och kucken, fir deene Leit, déi an deenen ënneschte Schichte sinn, ze hëllefen. An dat, hunn ech d'Gefill bei dësem Projet bis elo - mä d'nächst Woch kënn jo nach -, vergësst d'Regierung. Et ass jo Sputt do, fir Rééquilibrage ze maachen, a mir wiere frou gewiescht, wann dee Rééquilibrage gemaach gi wier!

Mä elo, wat de Projet hei elo eleng u sech ubelaangt, wäert d'CSV de Mindestloun matstëmmen. A mir si frou, dass domadder emol 46.000 Leit gehollef gëtt. A mir sinn dovun iwwerzeugt, dass jo da mat där Hoffnung, déi mer hunn, d'nächst Woch déi nächst Etapp och fir déi kleng Leit wäert nokommen, dass se och nach do da bei dem steierleche Wee mat entlaascht ginn an dass se domadder nach eng zousätzlech Kafkraaft kréien, déi iwwert déi 1,4% erausgeet an déi gläichzäiteg d'Kompetitivitéit vun de Betriber net a Fro stellt. Well et ass och wichteg, dass mer kompetitiv Betriber behalen an dass mer och do net all déi Be-laschtungen op eng Säit drécken. Mä iwwert de Wee vun den direkte Steiere wier dat sécherlech méiglech.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.** - Här Spautz, erlaabt Der, den Här Engel wollt eng Fro stellen?

► **M. Marc Spautz (CSV).** - Ah, den Här Cruchten, mengen ech, hat och eng gestallt.

► **M. Georges Engel (LSAP), *rapporteur*.** - Ech wollt just, Här President, de Kolleegen heibannen an dem Här Spautz soen, dass hie ganz recht huet mat deem, wou e mech drop opmierksam gemaach huet an d'Leit heibannen drop opmierksam gemaach huet, dass et net 30, mä 26,9 ass. Dat muss mech geschter am Kader, wou ech meng Ried geschriwwen hunn, bei där Freed, déi ech hat, dass et de Kleeschen awer nach gëtt, dat muss mech esou perturbéiert hunn, dass ech do direkt eng Oprënnung gemaach hu vu 26,9 op 30.

Et ass awer richtig, wéi Dir gesot hutt: Et ass 26,9 an net 30, wéi ech a menger Ried gesot hunn.

► **M. Marc Spautz (CSV).** - Macht Dir dann elo den Ennerscheid..., deelt Dir elo den Ennerscheid bei deene 46.000 Leit aus, jo?

Den Här Cruchten hat och eng Fro gestallt.

(*Interruption par M. Georges Engel*)

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.** - Ech gesinn, dass Dir domat d'accord sidd, dass en eng Fro stellt. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Yves Cruchten (LSAP).** - Jo, Merci, Här President. Här Spautz, ech wollt lech froen, well ech lech net richtig verstanen hat: Ganz am Ufank hutt Der gesot, et hätt ee jo kënnen, wann een elo net de Mindestloun gehéicht hätt, hätt een dat kënnen apaken an eng weider Reform vun de Steieren, et hätt een do

kënnen am Fong de Géigewäert, deen een elo am Mindestloun gëtt, hätt ee kënnen iwwert d'Steiere redistribuéieren, dann hätt dat d'Entreprises och manner kascht. Oder hunn ech lech do net richtig verstanen?

► **M. Marc Spautz (CSV).** - Do hutt Der mech da falsch verstanen, Här Cruchten. Ech hu genau gesot, dass een iwwert d'Erhéijung vum Mindestloun eraus, iwwert déi 1,4%, déi ee mécht, och nach zousätzlech kéint iwwert de steierleche Wee eppes maachen, doduerch dass een den Agangssteiersaz hieft. Dann ass gläichzäiteg do keng Solidaritéitssteuer méi geschëllt, soudass iwwert dee Wee d'Leit och an deenen ënneschte Schichten nach méi Sue kréien. Mä dofir muss een den ënneschten Agangssteiersaz an d'Luucht setzen, fir dass d'Leit zousätzlech kënnen do driwwer profitéieren.

Mä wann Är Propos sollt sinn, mir géife bis 120% vum Mindestloun den Agangssteiersaz op null setzen, also, da musst Der et soen! Mä de Moment ass dat net virgesinn. Et sief dann, muer kéim nach en Amendement. Mä do si jo aner Leit heibannen, déi besser Bescheed wësen an der Steuerreform wéi ech, dass mer dann den ënneschten Agangssteiersaz an d'Luucht setzen.

(*Brouhaha*)

Nach een? Wann net, dann nach eng Kéier Merci, Här President.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

(*Brouhaha général et hilarité*)

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.** - Merci dem Här Spautz. An eng gutt Gesondheet!

(*Interruption*)

► **Une voix.** - Merci!

► **Une autre voix.** - Dat ass d'Klima.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.** - An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Claude Lamberty fir d'DP.

(*Interruption*)

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Nach e Sozialist.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.** - Et ass un lech.

► **M. Claude Lamberty (DP).** - Här President, léif Kolleegen, de gesetzleche Mindestloun huet zu Lëtzebuerg eng grouss a laang Tradition. Et kënn net vun ongeféier, dass mir den héchste Mindestloun a ganz Europa hunn. Mir erfüllen also deem Sënn och eng Zort Virbildfunktoun. Mëttlerweil hunn 21 vun den 28 Memberstaten an der Europäescher Unioun e gesetzleche Mindestloun. Och Däitschland ass dat lescht Joer nogezunn. An en éischte Bilan ass, wéi et schéngt, ganz positiv an dee vu verschiddene Säite gefaarten negativen Effet op déi däitsch Wirtschaft oder op den däitschen Aarbechtsmaart ass ausbliwwen.

Wann ech soen, dass 21 vun 28 EU-Memberstaten e Mindestloun hunn, dann heescht dat net, dass d'Salariéen an engem Mindestlounland et iwwerall d'nämlecht gutt hunn. Ech denken do u Beispiller wéi Rumänien oder Bulgarien, wou ronn een Euro d'Stonn bezuelt gëtt.

Jo, eise Mindestloun zu Lëtzebuerg ass immens héich am europäesche Verglach. De Montant vun an Zukunft 11,27 Euro d'Stonn relativéiert sech awer e bëssen, wann een, éischstens, d'Liewenskäschte mat virop dem Logement zu Lëtzebuerg a Betruecht zitt, an zweetens de Mindestloun a Relatioun mat der allgemenger Lounentwécklung stellt. Effektiv ass d'Unhiewe vum Mindestloun jo direkt un déi allgemeng Lounentwécklung gebonnen. Och wann dat keen direkten Automatismus ass, géif ech dës Virgoensweis trotzdem als net politesch qualifizéieren.

D'DP steet zum Prinzip, dass ee vu senger Aarbecht muss kënnen liewen. Mir wëssen alleguer, dass dat mam Mindestloun zu Lëtzebuerg net ëmmer einfach ass. Grad dofir ass et esou wichteg, dass d'Gefäll tëscht der genereller Lounentwécklung zu Lëtzebuerg an dem Mindestloun net weider klëmmt.

Ech erënneren un e wichtege, elementare Ennerscheid: De Mindestloun zu Lëtzebuerg ass Lounpolitik, den RMG ass Sozialpolitik! An deem Kontext wëll ech dann och nach eng Kéier rappelléieren, dass och den RMG un d'Augmentatioun vun der Lounentwécklung ugepasst wäert ginn, eppes wat déi lescht zwou Kéieren net de Fall war. Et ass gutt a richtig, dass dat elo erëm geschitt, fir ze verhënnere, dass den Écart tëscht Mindestloun an RMG weider ausernegeet, well och wa mir der Meenung sinn, dass schaffe goen ëmmer méi rentabel muss si wéi net schaffe goen, kann et ëmmer eng Kéier enger Persoun geschéien, dass si an eng Noutsituatioun geréit a mam RMG iwwert d'Ronne muss kommen.

D'Demokratesch Partei stoung a steet fir sozial Gerechtegkeet, geneesou wéi och fir Leeschtungsgerechtegkeet. Am allerléifsten hätte mir jo, wa mer kee Salarié zu Lëtzebuerg hätten, dee just deen onqualifizéierte Mindestloun géif verdéngen. Dofir wëllt d'DP och weiderhin Initiative fërderen, déi et onqualifizéierten Employéen erméiglechen, sech an hirem Beruff weiderzebilden.

Muncheree gesäit de Mindestloun als Be-laschtung u fir d'Kompetitivitéit vun eise Betriber. Ech wëll net behapten, dass en héije Mindestloun ëmmer zum Virdeel vun all Betrib ass. Et muss een awer op där anerer Säit soen, dass d'Erfolgersrezept vum Lëtzeburger Modell nach ni op sozialem Dumping baséiert huet, an dat wëlle mir och an Zukunft net.

Ech wëll an deem Kontext och eng Kéier ganz kloer soen, dass de Standuertvirdeel fir Lëtzebuerg duerch en attraktiiv steierlecht Ëmfeld mat dozou bäidréit, dass mer esou en héije Mindestloun kënnen hunn. Dofir sinn d'Steier-erliichterungen am Kader vun der Steuerreform och net als Kaddo fir d'Patronat ze bezeechnen, wéi dat emol deen een oder anere ganz gare gesäit. Et muss een ëmmer déi zwou Säite vun der Medail betruechten, an d'Demokratesch Partei steet zu deenen zwou Säiten.

Mäi gudder Kolleeg, den Alexander Krieps, huet op dëser Tribün eng Kéier Folgendes gesot, an elo passt gutt op: „D'Adaptatioun vum Mindestloun ass de Kollektivvertrag vun deene Leit, déi keen esou e Vertrag hunn.“

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

(*Interruption par M. Alexander Krieps et hilarité générale*)

► **M. Claude Lamberty (DP).** - Ech fannen dat eng ganz gutt Analogie.

(*Interruption et hilarité*)

Ech fannen dat eng ganz gutt Analogie, déi et derwäert ass ze widderhuelen. Duerch dat regelméisseg Uppasse vum Mindestloun profitéieren also bei erfollegräiche Kollektivverträge betreffend Gehaltsupassungen net nëmmen d'Employéen, déi ënnert dee Vertrag falen, mä indirekt och all déi Salariéen, déi ënner kee Kollektivvertrag falen an de Mindestloun kréien.

D'Demokratesch Partei huet sech där Virgoensweis nach ni verweigert a wäert haut och net domat ufänken. Ech ginn domat hei den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei a wëll dem Rapporteur, dem Här Engel, Merci soe fir säi gudder schrëftlechen a mëndleche Rapport.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.** - Merci dem Här Lamberty. An d'Wuert huet direkt den Här Anzia fir déi gréng.

► **M. Gérard Anzia (déi gréng).** - Här President, fir d'Éischt emol e grousser Merci un de Rapporteur, den Här Georges Engel, deen dat am Detail hei virgedroen huet. An ech wëllt och nëmme ganz kuerz mech zu deem Projet de loi hei äusseren, dee mer och haut elo hei zum Vott hunn. Duerfir sinn ech e bësse verwonnert iwwer mäi Virvirriedner, deen u sech relativ wäit ausgeholl huet a schnon e bësse virgegraff huet op déi Debatten à voir, op déi, déi nächst Woch komme respektiv déi Woch duerno eben am Kader vum Budget.

De Mindestloun ass ugepasst ginn a soll ugepasst gi mat dësem Gesetzestext un d'Entwécklung vun den allgemenge Gehälter, an zwar ëm 1,4%. Deene Gréngen ass dat ganz wichteg, dass dat geschitt. Et ass scho virdu gesot ginn, dass et net onbedéngt eng Musse-saach ass, mä dass et awer ganz normal ass, wann een och soziale Fridde wëllt halen, dass een u sech de Mindestloun, also de Loun vun deenen, déi am mannsten hei zu Lëtzebuerg verdéngen, eropsetzt an upasst.

Et betrëfft, et ass och scho virdu gesot ginn, ëmmerhi bal 9% vun de Salariéen aktuell, an zwar 46.000 Leit. Duerfir mengen ech, dass dës kleng Steigerung och deene Leit wäert hëllefen, fir hir Situatioun, och wann dat nëmme marginal ass an nëmme ganz ageschränkt ass, ze verbessern.

A mir verstinn duerfir als Gréng och net d'Positioun vun der Chambre de Commerce, déi se an hiren Avis ofginn huet, fir ze soen, dass se dësem Projet de loi an dëser Adaptatioun vum Mindestloun net kéint zoustëmmen.

Déi Zoustëmmung vun de Gréngen ass ëmgekéiert proportional zu der Längt vu menger Ried, an zwar ass se ganz grouss zu dësem Projet de loi, an ech géif den Accord vun eiser Fraktioun ginn.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.** - Merci dem Här Anzia. An nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen fir d'ADR.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass regelméisseg, dass mer hei an der Chamber eng Diskussioun féieren iwwer e Projet de loi fir d'Upassung vum soziale Mindestloun. Zum Beispill bei de Renten hu mer déi Diskussioun ofgeschaaft. Do geschitt et automatesch. Mä ech fannen et awer wichteg, dass mer fir de Mindestloun all Kéiers e Projet de loi maachen, well et wichteg ass, dass mer och hei an der Chamber méi oft iwwert de Mindestloun schwätzen.

De Mindestloun geet elo den 1. Januar 2017 ëm 1,4% an d'Luucht, an dat betrëfft, et ass gesot ginn, 46.000 Leit. Den normale Mindestloun geet ëm 26,9 Euro erop an de qualifizéierte Mindestloun ëm 32,28 Euro. Mir schwätzen hei vu Bruttochifferen. Dat heescht, déi Leit kréien dat net eraus. Do ginn nach d'Soziallaaschten of, Krankekeess, Fleegeversicherung a minimal, jee nodeem, och nach Steieren.

Et kann een also net vun enger massiver Erhéijung schwätzen, well Leit herno 22 bis 23 Euro netto de Mount bäigesat kréien. An de Kolleeg Georges Engel, deen hei gesot huet, dat géif de Sozialiste gutt zu Gesiicht stoen, an deen ëmmer vun 30 Euro geschwat huet: Dat ass wahrscheinlech éischer dat schlecht Gewësse gewiescht, wat do zum Ausdrock komm ass fir déi minimal Augmentatioun, déi dat heiten ausmécht, well en huet näamlech nach d'Steierreform derbäigezielt an nach den Index derbäigezielt, fir datt et iwwerhaupt eppes Sichtbares soll ginn.

Den Här Engel huet gesot, dat géif de Sozialiste gutt zu Gesiicht stoen. Bon, mir hu virun e puer Deeg en Accord salarial an der Fonction publique ausgehandelt, dat war och e sozialistesche Minister. Do setze mer 1% bäi, mir setzen 1,5% bäi an d'Allocation de repas, déi geet vun 110 op 144 erop, also 33 Euro geet déi erop, méi wéi de Mindestloun geet d'Allocation de repas erop. An et ass kee Brutto-, mä et ass en Nettociffer, well do gi keng Steieren drop bezuelt. An och déi kréien den Index, an och déi kréien d'Steiererliichterung, an och déi kréien déi 0,5% Krisesteier nogelooss, déi déi aner net nogelooss kréien, well se net drënnergefall sinn.

Also wa mer déi zwee matenee vergläichen, da verstinn ech, dass e Sozialist hei e schlecht Gewëssen huet, fir ze soen, dass de Mindestloun ongeféier netto 23 Euro an d'Luucht geet.

Et muss een also gesinn, wa mer hei elo esou maachen, wéi wa mer Gott weess wat fir déi Leit do géife maachen, dann ass dat eng gewëssen Heuchelei, well mer gesinn, wat mer alles hei am Land ausdeelen, an eis dann heihinner bretze kommen an esou maachen, wéi wa mer elo wierklech emol eppes fir déi dote Leit gemaach hätten. Dat ass eng Dréps fir déi Leit! Well wat kann ee sech fir 22 Euro de Mount weider leeschten!?

A wa mer bedenken, dass dës Regierung eng TVA-Erhéijung gestëmmt huet, wou déi Leit hei voll getraff gi sinn, an an der Regierungskoalition setzen zwou Parteien, déi gréng an d'Sozialisten, déi an hire Wahlprogrammer geschwat hu vun där onsozialster Steuer, déi et géif ginn: d'TVA. An dat Éischt, wat se gemaach hunn, wéi se an d'Regierung komm sinn, ass, se hunn déi onsozialst Steuer, d'TVA, erhéicht, vun där déi heite Leit, laut hirem Wahlprogramm, am meeschte getraff ginn. Dat hu se gemaach. An déi Leit hunn duerch d'TVA-Erhéijung vill méi Ausgabe kritt wéi déi Grimmel, déi se elo hei bäikréien!

Duerfir solle mer wann ech gelift mat de Féiss um Buedem bleiwen! Et ass gutt, dass mer en upassen, mä ëm Gottes Wëllen, kommt net heihinner a klappt lech op d'Schëller, wéi wann Der eppes Grousses hei gemaach hätt! Da setzt dat emol an de Gesamtkontext vun Ärer Politik, da musst Der lech schommen, wat Der hei fir déi kleng Leit am Land maacht!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Très bien!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Mir stellen och fest generell - et ass elo net mam Mindestloun -, dass d'Léin hei am Land zrëckginn, dass mer ëmmer méi Leit hunn, déi um ënneschten Niveau ugesidelt ginn. Wa mer d'Konte kucke vun dësem Joer, an dat hu mer déi leschte Kéier an der Finanzkommissioun gekuckt, gesi mer, dass mer manner Lounsteier erakréie wéi déi Jore virdu. An op d'Fro, wéi mer d'Analys an der Finanzkommissioun gemaach hunn, huet de Finanzminister eis gesot: „Jo, mir hu wuel 15.000 Leit an engem Joer méi beschäftegt, mä mir hu manner Lounsteier erakritt, an zwar sinn déi Leit mat héije Léin, déi an d'Pensioun gaange sinn, duerch Leit mat niddrege



Léin an der Regel ersat ginn.“ Dat heescht, datt generell e Loungefall no ënnen ass, well soss hätt ee misse bei 15.000 neien Astellunge pro Joer jo och méi Lounsteuer erakréien. Mä et ass e massive Réckgang, deen et bei dem Loun gëtt.

Et ass richtig, wat hei gesot ginn ass vu mengem Virriedner - den zweete Virriedner, mengen ech, war et -, datt et wichteg ass, datt mer de Mindestloun hunn. Mir bräichte kee Mindestloun ze hunn, wa mer am ganze Land flächendeckend Kollektivverträge hätten. Mä mir hunn net iwwerall Kollektivverträge. Mir hu grouss Secteuren, wou mer Kollektivverträge hunn. Mä mir gesinn awer, datt 46.000 Leit ënnert de Mindestloun falen, also gëtt et zumindest 46.000 Leit, déi ënner kee Kollektivvertrag falen. An duerfir ass et gutt, datt mer d’Gesetz vum soziale Mindestloun hunn, well dat ass, wéi richtig gesot ginn ass, am Fong de Kollektivvertrag fir déi Leit, déi kee Kollektivvertrag hunn, deen tëschent Patronat an de Gewerkschaften ofgeschloss ginn ass.

Mir müssen also wëssen, datt mer hei eng Erhéijung maachen, bei där wuel duerch d’Gesetz geregelt ass, wéi se berechent gëtt an een och net kann elo eppes anescht rechnen. Mä näischt verhënnert, datt een higeeet an datt ee seet: „Mir erhéije méi wéi dat, wat sech aus där Rechnung erginn huet.“ Mä hei gëtt also just dat gemaach, wouzou mer duerch d’Gesetz verflucht sinn, mä et ass kee politesche Geste, deen hei derbäikënn.

An duerfir, wéi gesot, wäert d’ADR dëse Projet stëmmen. Mir soen awer ganz kloer: Et soll kee sech heibanne bretzen, datt mer haut de Mindestloun erhéicht hunn.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Gibéryen. A leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Marc Baum fir déi Lénk.

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Merci, Här President. Wa mer haut hei iwwert de soziale Mindestloun schwätzen, da schwätze mer iwwert de Loun, fir deen hei zu Lëtzebuerg knapp 50.000 Leit all Dag schaffe ginn. Hantert där plakeger Zuel verstoppe sech awer ganz dacks kierperlech an och psychesch ganz penibel Aarbechtsrealitéiten. An et handelt sech bei deene Salariéë ganz dacks ëm Leit, déi schwéier schaffe mussen fir e Loun an dobäi eben an der Gehälterskala ganz ënnen ugedelt sinn. Et sinn och zum Deel visibel Aarbechtsrealitéiten, well Leit, déi fir de Mindestloun schaffen, leeschten an der Regel Servicer, déi déi allermeescht vun eis dobaussen alleguer all Dag an Usproch huelen, vläicht oft, ouni sech däers esou bewosst ze sinn, datt déi Leit, déi déi Aarbechte maachen, de Mindestloun kréien.

Och d’Chamber, eis Chamber hei hëlt Aarbecht vu Leit, déi fir de Mindestloun schaffen, an Usproch, sief et duerch Salariéen, déi all Dag d’Gebai propper maachen an d’Büroe botzen, oder déi, déi elo grad aangee sinn, d’Fënsteren an de Fraktiounen ze botzen. Et sinn awer och Leit, déi bei Privatfirmen schaffen, déi ënner deelweis ganz komesche Bedéngungen uechter d’ganzt Land Päck liwweren. An zu de Mindestlounempfänger gehéieren och ganz dacks privat Sécherheetsbeamten, déi nuets oppassen, och elo grad, datt hei um Chrëschtmaart déi eis alleguer esou wichteg Krëppchen net geklaut gëtt.

An all déi Leit hunn déi lescht Jore fir e Vollzäit-Mindestloun vun 1.922 Euro geschafft, wat netto net vill méi wéi 1.700 Euro sinn. A si wäerte mat der Upassung, iwwert déi mer elo diskutéieren, an Zukunft 1.949 Euro brutto de Mount verdéngen. Dat si 26,9 Euro de Mount an 1,4% méi, eng Erhéijung, déi opgrond vum geklommenen Duerchschnittsloun errechent gouf.

Dat ass kee grouse Sprong, dat ass richtig, an et geet an eisen Aen och net wäit genuch. Mä mir sinn awer och net déi Eenzeg, déi mengen, datt et net wäit genuch geet. Dat soen och d’Gewerkschafte scho méi laang, datt de Mindestloun zu Lëtzebuerg ze niddreg ass. Och d’Caritas seet dat. An och d’Salariatskummer huet an hirem Avis zu dësem Projet nach eng Kéier dorobber higewisen.

Et ass awer nawell eng ganz bescheide Verbesserung, an deementspreechend stëmmen mir dat Gesetz hei natierlech och mat.

D’Philosophie, déi hannert dem Gesetz hei steet, d’Logik, déi hannendrun ass, beseezt eigentlech, datt deen ënneschten Niveau vu Loun ugepasst gëtt un déi allgemeng Entwécklungen. Et ass also e relative Wäert an eng relativ Upassung vum Mindestloun. Et ass och

eng Upassung, déi nodréiglech stattfënnt, also d’Lounentwécklung ass déi zwee Joer fest, zwee Joer virdrun huet se sech entwéckelt, si gëtt festgestallt an de Mindestloun gëtt deementspreechend ugepasst.

Fir eis stelle sech awer och an deem heite Kontext eng Rëtsch fundamental Froen am Bezug op de Mindestloun an iwwerhaupt d’Entlounung vun der Aarbecht, déi mat dëser Upassung vum Mindestloun net komplett beäntwert kënnen ginn, mä déi mer awer eescht diskutéieren missten a wou mer och hoffen, datt mer dat an Zukunft hei an der Chamber och nach maache wäerten. Froen ewéi: Wéi evoluéieren d’Léin par rapport zu de Benefisser an de Kapitalrevenueen? Wéi en Impakt hunn déi grouss Lounënnerscheeder an den déiwe Montant vum Mindestloun op Inegalitéiten an eiser Gesellschaft? A wéi héich misst oder muss e Loun iwwerhaupt sinn, fir hei zu Lëtzebuerg anstänneg oder dezent liewen ze kënnen?

Am Rapport iwwert dëst Gesetz gëtt de wirtschaftleche Kader vun der Mindestlounerhéijung kuerz ëmraass. 2014 an 2015 ass déi lëtzebuergesch Economie ëm 4,1% respektiv 4,8% gewuess. An darselwechter Zäit ass dann den Duerchschnittsloun, deen hei als Grondlag fir d’Augmentatioun vum Mindestloun geholl gëtt, ëm 1,4% geklommen.

E wirtschaftleche Wuesstum vun 9% an en duerchschnittlechen Zouwuess vum Loun ëm 1,4%: Den iwwergroussen Deel an deene leschten zwee Joer vun deem erschaffte Wuelstand ass also net an d’Léin gaangen. Déi Leit, déi vun hirem Loun liewe müssen, kréien also just e klenegt Stéck vun deem Kuch mat. An et ass och dës ongerecht primär Opdeelung vum Räichtum tëschent Aarbecht a Kapital, déi an eisen Aen den Humus ass fir d’Ongläichheet an eiser Gesellschaft.

Duerfir menge mir och net, datt d’Léisung an éischter Linn doranner besteet, eng weider Steuerentlaaschtung ze maachen op 120% vum Mindestloun, wéi dat, wann ech dat richtig verstanen hunn, vun der CSV proposéiert ginn ass. Mä si besteet an enger Lounerhéijung vun deem ënneschten Niveau. Well et ass och just déi Lounerhéijung, déi et méiglech mécht, datt d’sozial Kotisatiounen kënnen erhuewe ginn. Vun enger Steuerentlaaschtung gi keng sozial Kotisatiounen erhuewen an och keng sozial Rechter fir déi Zäit, wou ee keng Aarbecht huet oder méi huet, wéi zum Beispill an der Pension.

Wa mer elo awer an der Analys nach e Schrëtt weiderginn an ee sech d’Ënnerscheeder an der Lounentwécklung ukuckt, da stellt een och fest, datt déi Ënnerscheeder insgesamt an der Lounentwécklung klammen. D’Chambre des Salariés huet an hirem leschte „Panorama social“ gewisen, datt déi héich Léin an deene leschten 20 Joer ëm 70% geklommen sinn, déi mëttel ëm 64% an déi niddreg ëm 47%.

Och am Rapport, deen dësem Gesetzesprojet bäiläit, kann een déi Tendenz weider erkennen. E Salarié, dee sech mat sengem Loun an deenen ieweschte 5% vun der Lountabell befënnt, verdéngt haut véiermol esou vill wéi e Salarié, dee sech an deem ënneschte Fënneftel vun der Tabell befënnt. An deen Écart geet weider erop.

Wann ee sech schliisslech de Wäert vum Mindestloun ukuckt, da verschäerft sech de Constat vun der Ongläichheet weider. Der rezenterer Berechnung vun der OECD no war de Mindestloun zu Lëtzebuerg emol net d’Halschent vum Duerchschnittsloun. Dat Verhältnis ass effektiv iwwert d’Joren onverännert bliwwen, mä huet sech besonnesch an deene leschte Joren zuongongschte vum Mindestloun entwéckelt.

Déi Entwécklungen, déi mer effektiv zënter Joréngten an Europa an och an deene leschte Jore verstärkt zu Lëtzebuerg gesinn hunn, hunn effektiv desastréis Konsequenze fir de sozialen Zesummenhalt vun eiser Gesellschaft. Eng an déi wahrscheinelech schlëmmste Konsequenz ass déi wuessend Aarmut.

An am Kontext vun dëser Debatt: d’Aarmut vun de Leit, déi schaffen. Leit also, déi mat hirem erschaffte Loun, och wa se eng voll Täsche hunn, kaum oder schlecht iwwert d’Ronne kommen. An do affichéiert Lëtzebuerg mat bal 11% deen héchsten Taux vum Risk, datt een, och wann ee voll schafft, nawell et net packt, fir iwwert d’Ronne ze kommen, deen héchsten Taux am Europa vun deene 15 - also vun deem alen Europa, wann een esou soe kann - vun „working poor“.

Natierlech ass de Loun net deen eenzeg Kritär, an den Här Engel huet dat och virdu gesot, deen et ausmécht, ob een en „working poor“ ass. Mä nawell ass et e Kritär, deen entscheedend ass, an et ass deen Hiewel, deen een eigentlech am direkteste misst usetzen, fir ze verhënnern, datt Mënschen, déi schaffen, an d’Aarmutsfal ofrutschen, respektiv fir iwwer-

haupt et erëm ze erméiglechen, do erauszekommen. An dozou gehéiert eben d’Lounpolitik.

An och do setzt déi Motioun, déi ech elo dem Här President déposéieren, an. Wann ech gelift.

Motion 1

La Chambre des Députés,

considérant

1) que le nombre des salariés rémunérés au voisinage du salaire social minimum s’élève à 12,4%, ce qui correspond à 45.204 personnes;

2) que les modulations de l’indexation des salaires depuis 2006 ont considérablement dévalué le pouvoir d’achat de tous les salariés au Luxembourg et que les salariés rémunérés au salaire social minimum légal en sont particulièrement concernés;

3) que le Luxembourg a ratifié la disposition 4-1 de la Charte sociale européenne qui engage le Luxembourg à reconnaître le droit des travailleurs à une rémunération suffisante pour leur assurer, ainsi qu’à leurs familles, un niveau de vie décent;

4) que le Comité européen des droits sociaux du Conseil de l’Europe, qui statue en droit sur la conformité des situations nationales avec la Charte sociale européenne, établit que la situation est conforme à la Charte lorsque le salaire net le plus bas est supérieur à 60% du salaire net moyen;

5) que le Comité européen des droits sociaux conclut dans son rapport d’activité de 2014 «... que la situation du Luxembourg n’est pas conforme à l’article 4-1 de la Charte de 1961 au motif que le salaire minimum applicable aux travailleurs du secteur privé ne suffit pas à assurer un niveau de vie décent»;

6) que le Luxembourg affiche avec 10,8% en 2015 le taux de risque de pauvreté laborieuse le plus élevé parmi les pays de l’UE-15;

invite le Gouvernement

- à mettre la situation luxembourgeoise en conformité avec la Charte sociale européenne en augmentant le SSM dans les meilleurs délais à un niveau assurant aux salariés, ainsi qu’à leurs familles, un niveau de vie décent;

- à présenter à la Chambre des Députés un plan d’action afin de lutter contre le phénomène de la pauvreté laborieuse («working poor»).

(s.) Marc Baum, David Wagner.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci.

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- D’Grondzich vun deem, wat ech elo gesot hunn, fanne sech näämlech am Artikel 4 Paragraph 1 an der Europäescher Sozialcharta vum Europarat erëm, dee seet: «En vue d’assurer l’exercice effectif du droit à une rémunération équitable, les Parties s’engagent: 1. à reconnaître le droit des travailleurs à une rémunération suffisante pour leur assurer, ainsi qu’à leurs familles, un niveau de vie décent».

Lëtzebuerg huet dës Dispositioun vun der Sozialcharta ratifizéiert an de Comité européen des droits sociaux vum Europarat, deen d’Konformitéit vun de Situatiounen an deene jeeweilege Länner par rapport zu där Charta iwwerpreift, huet de Mindestloun zu Lëtzebuerg an de leschte Joren awer als net konform zu dëser Dispositioun erkläert. Ech zitéieren aus dem Rapport vun 2014 vun deem Comité européen des droits sociaux. D’Konklusjoun ass: «La situation du Luxembourg n’est pas conforme à l’article 4 paragraphe 1 au motif que le salaire minimum applicable aux travailleurs du secteur privé ne suffit pas à assurer un niveau de vie décent.»

An dëser Motioun fuerdere mer d’Regierung op, den Niveau vum Mindestloun konform zu där Charta ze setzen, wat an der Praxis eng Augmentatioun vum Mindestloun bedeit, déi iwwert dat erausgeet, wat hei proposéiert gëtt, an anerersäits fir de Phenomeen vun den „working poor“ e Plan d’action ze developpéieren, fir géint dee Phenomeen vun den „working poor“, dee besonnesch staark zu Lëtzebuerg developpéiert ass, virzegoen.

Här President, de Stat oder d’ëffentlech Hand huet am Allgemengen dräi Méiglechkeeten, dräi direkt Moyaenen, fir op déi allgemeng Lounpolitik an domat op déi primär Verdee-lung vu Loun an Aarbecht anzewirken.

Déi éischt a banaalst ass déi, wéi e seng eege Beamten a seng eege Salariéë bezuelt. Onofhängeg vun der Signalwierkung, déi dat am positive Fall kann hunn, och op d’Privatwirtschaft, huet et eng direkt Auswierkung op d’Léin, wéi och de Rapport, dee mer hei virleien hunn, weist. Well doduerch, datt an der Vergaangenheet de Punktwäert geklommen ass, huet dat och dozou gefouert, datt d’Evolutioun vun de Mindestléin ugepasst ginn ass no uewen. Dat heescht och, datt, wann een am

Service public, der Fonction publique d’Léin weider an d’Luucht setzt, dann huet dat och eng konkret Auswierkung op déi ënnescht Léin.

Deen zweete Mechanismus ass den Index, deen e Kafkraaftverloscht ausgläicht. An deen drëtten ass de Mindestloun, deen den eigentleche Garant misst sinn, fir datt d’Leit, déi Vollzäit schaffen, net dem Aarmutsrisiko ausgesetzt sinn. Duerfir menge mer, datt nach Sputt no uewen ass beim Mindestloun, a fuerderen d’Regierung op, dee Sputt ze notzen.

Merci.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Baum. An d’Wuert huet elo den Aarbechtsminister, den Här Nicolas Schmit.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l’Emploi et de l’Économie sociale et solidaire*.- Här President, fir d’Éischt wëll ech dem Rapporteur Merci soe fir säi Rapport, an och all deene Riedner virdrun, déi sech an déi Debatt hei abuecht hunn.

Eigentlech wollt ech meng Ried och mat där berüümter Formel vum Här Krieps ufänken. Mä dat ass jo elo scho gesot. Ech géif derbäisetzen, datt effektiv de Mindestloun de Kollektivvertrag vun all deenen ass, déi keen hunn, mat engem groussen Ënnerscheed, datt si eigentlech dee Kollektivvertrag net négociéieren, datt an onsem System, esou wéi en existéiert, déi Ziffer, déi do erauskënn, eigentlech d’Resultat ass vun all deenen aneren Négociatiounen, well dat reflétéiert jo d’Evolutioun vun de Salairen am Land.

Ech soe ganz éierlech: Jo, déi 1,4%, fir déi klappen ech mer absolutt net op d’Schëller. Well ech géif soen: C’est dû, c’est dû, et ass einfach geschëllt! An duerfir maache mer dat emol an enger éischter Phas, wat geschëllt ass, a mir ginn deene Leit déi 1,4%, déi se absolutt zegutt hunn.

Elo muss een natierlech beim Mindestloun jo nach awer eng kleng Distinction maachen, emol éischstens: Mir hunn zwee Mindestléin, vläicht souger dräi. Vun deem drëtteschwätze mer elo net. Mä mir hunn der op jidde Fall emol zwee.

Mir hunn den net qualifizéierte Mindestloun, dee par ailleurs fir vill Berechnungen à la base ass an onsem Sozialsystem. A mir hunn natierlech och de qualifizéierte Mindestloun. Wa mer also vu 46.000 Leit schwätzen oder eppes iwwer 46.000 Leit, déi um Seuil si vum Mindestloun, da menge mer domat à la fois déi Leit, déi den net qualifizéierte Mindestloun hunn, an déi, déi de qualifizéierte Mindestloun hunn, deen 20% iwwert dem net qualifizéierte läit.

Déi, déi den net qualifizéierte Mindestloun hunn, dat sinn der à peu près, loosse mer soen, tëschent 27.000 an 28.000. Déi aner 18.000, 19.000 sinn déi Leit, déi 20% driwwer leien, also de qualifizéierte Mindestloun hunn.

Dat muss een awer distinguéieren, well déi 20%, dat ass jo awer en Ënnerscheed, deen net total négligeabel ass. An ech soen: Mir sinn dat eenzeg Land - dat eenzeg Land! -, wat iwwerhaupt esou en Ënnerscheed mécht. All déi aner Länner, déi e Mindestloun hunn, an dat ass jo virdrun elo gesot ginn, hunn ee Mindestloun, basta! Do gëtt net vu qualifizéiert an net qualifizéiert geschwat. Éischte Punkt.

Deen zweete Punkt ass: Ech hunn elo héieren, d’Zuel vun de Leit, déi um Mindestloun leien, déi géif dauernd steigen. Dat hunn ech an deene Rapporten net erausfonnt. Et ass éischter de Contraire. An ech begreissen dat.

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Wann Dir erlaabt, Här Minister?

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l’Emploi et de l’Économie sociale et solidaire*.- Jo.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Ech wollt dem Här Minister soen, wann e mech domat gemengt hat, dat hat ech net gesot. Ech sot, d’Léin géifen erfrogen an ech hunn net gesot, d’Mindestléin géifen an d’Luucht goen. D’Masse salariale, déi besteierbar Masse salariale ass global zrëckgaangen.

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l’Emploi et de l’Économie sociale et solidaire*.- Jo, awer eng Evoluitioun vun de Léin vun 1,4% no uewen. Dat ass vläicht eng Augmentatioun, déi manner rapid ass, wéi mer et emol schonn hatten, dat ginn ech lech gären zou, mä trotz allem ass global gesinn d’Lounentwécklung nach positiv. Dat war net de Fall bei der leschter Adaptatioun vum Mindestloun. Do hate mer eng Augmentatioun vun 0,1% - an ech ka mech gären an Är Remarquen erënnern -, dat war eigentlech d’Stagnatioun vun de Léin.



► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Jo.

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Dat war eng Stagnatioun vun de Léin. Elo hu mer eng licht Evolutioun no uewen - 1,4% - vun de Léin, vum Duerchschnittsloun,...

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Richtig!

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- ...an op där baséiert jo déi Adaptatioun vum Mindestloun.

Mä wichteg ass: Wéi vill Leit leien da ronderëm de Mindestloun? An déi Zuel geet momentan éischter erof wéi erop. An ech begrëssen dat! Éischters weist dat trotz allem, datt ënnen am Segment vun de Léin awer eng Tendenz no uewen ass, wat positiv ass. An zweetens weist dat, datt mer eben e Land sinn, wat ëmmer méi an d'Qualifikatioun vu senge Salarieë muss investéieren. An duerfir mussen d'Léin och éischter iwwert dem Mindestloun leie wéi ronderëm de Mindestloun.

Elo liesen ech a ville Rapporte vun den Employeuren, jo, dat wier e grouse Problem, well effektiv géif de Mindestloun dozou féieren, datt mer géife manner Aarbechtsplaze schaffen, besonnesch am Segment vun der net qualifizierter Aarbecht.

Ech mengen, et huet schonn een hei bemierkt - ech weess elo net méi, wien dat war -, datt déi Horrorzeenarien, déi ëmmer ronderëm de Mindestloun gezielt ginn: „Wann een de Mindestloun eropsetzt, dann ass dat eng Zerstéierung vun Aarbechtsplazen“, datt dat bis elo néierens kloer bewise ginn ass.

An dat lescht Land, wat bewisen huet, datt deen Horrorzeenario net agetrueden ass vun enger massiver Augmentatioun vun der Aarbechtslosegkeet, ass Däitschland. Déi hate kee Mindestloun. Si hunn de Mindestloun kritt - deen ënner onsem läit, muss ech awer bemerken -, mä deen Horrorzeenario, datt elo massiv Aarbechtslosegkeet agetruede wier, ass net agetrueden. En revanche si Leit aus dem wirklechen niddregen, total niddrege Lounsecteur an de Mindestlounsecteur eragefouert ginn.

Mä wichteg ass natierlech, datt mer probéieren, déi onqualifizéiert Aarbechter besser ze qualifizéieren. Dat ass den Challenge, dee mer mussen unuelen. Et ass net eng mechanesch Vue, fir ze soen: Eigentlech hu mer dach scho kapituléiert, d'Leit kréien de Mindestloun, dee geet an d'Luucht, da gi manner Leit mat Mindestloun agestallt.

Neen, mir mussen derfir suergen, datt d'Produktivitéit am Land eropgeet, datt mer an d'Mënschen, an d'Leit investéieren an datt mer doduerch eigentlech e méi héijen Niveau vu Salaré kënnen erlaben a besonnesch ënnen an der Salaré-Skala méi héich Salaré kënnen bezuelen. Dat ass déi richtig Approche, an net ëmmer déi Approche vum Minimum, deen eigentlech sollt dann den Aarbechtsmaart beliewen.

E Punkt, deen och ugefouert ginn ass, ass effektiv de Punkt vun den „working poor“. An et ass richtig, datt, och wa mir zu Lëtzebuerg deen héchste Mindestloun an der Europäescher Unioun hunn, an ech mengen, deen zweet- oder drëtthéchten op der Welt - ech mengen Neuseeland, wann ech mech gutt erënneren, huet nach méi en héijen -, dann ass dat net eng Garantie, datt domat d'Leit och dee beschte Liewensstandard hei zu Lëtzebuerg hunn.

A mir wëssen alleguer, a vill hunn et gesot, datt eleng mam Mindestloun iwwert d'Ronnen ze kommen, datt ass net esou eng ganz einfach Geschicht. An duerfir muss mer eis natierlech doriwwer Gedanke maachen an net soen: „Bon, Lëtzebuerg huet deen héchste Mindestloun, duerfir ass alles perfekt.“ Neen, mir mussen kucken: Wéi stellt sech dee Mindestloun duer par rapport zum allgemenge Liewensstandard a besonnesch zu de reelle Käschten, déi e Mënsch, eng Famill huet, wann se hei zu Lëtzebuerg leeft? Dat ass déi richtig Approche, déi mer mussen hunn.

An da muss mer feststellen, datt natierlech de Mindestloun, esou wéi en hei fixéiert ass, an déi normal Entwécklung vun de Léin a besonnesch de Salaré médian, wa mer vun deene 60% ausginn, wou de Seuil de pauvreté ass, datt de Mindestloun ganz no do dru läit an datt also d'Aarmutsgrenz an de Mindestloun no beienee leien.

An dat dierf ons net einfach egal sinn, well grad do fënnt sech de Problem vun der Kohäsioun vun enger Gesellschaft! Well dat heescht, datt déi Leit, déi schaffen, déi all Dag opstinn an déi Aarbechte maachen, déi net ëmmer déi einfachste sinn, grad déi fänken un ofzefale vum normale sougenannten Trend vun der Gesellschaft. An do stellt sech d'Fro vun der Inégalité fondamentale an enger Gesellschaft! An do stellt sech de Problem vun der Kohäsioun vun enger Gesellschaft.

An dat ass also eng Fro vum Mindestloun, vun dem Loun en général, dee mer mussen kucken. An duerfir soen ech: Jo, dat ass derwäert, sech doriwwer Gedanken ze maachen. An ech proposéieren hei, datt mer de Conseil économique et social domat befaassen - déi lescht Kéier war dat 2004 -, eng Studie, eng Etüd ze maachen, fir ze kucken: Wéi sti mer mat deem Mindestloun do par rapport zur genereller Lounentwécklung, Käschtenentwécklung an deem Land? Natierlech andeem mer ekonomesch Aspekter kucken, mä awer och déi fundamental sozial Froen net ausser Uecht loossen.

Ech wëll also proposéieren, datt mer déi Etüd maache loossen an datt mer déi nächst Kéier - dat ass an zwee Joer -, wann erëm hei iwwert de Mindestloun diskutéiert gëtt, op jidde Fall dann déi Etüd hunn an da kënnen driwwer decidéieren, ob et just einfach eng Transpositioun ass vun der allgemenger Lounentwécklung oder ob mer mussen iwwer eng strukturell Adaptatioun vum Mindestloun diskutéieren an déi och eventuell ëmsetzen.

Hei geet et iwwert de Mindestloun, hei geet et net ëm d'Steieren. Ech verstinn, datt natierlech alles matenee liiert ass. Ech wëll awer eng Remarque maachen. Et ass gesot ginn: „Majo dann hätt Der sollen eigentlech den Niveau, wou een ufänkt, Steieren ze bezuelen, eropsetzen. Dann hätt Der jo och den...“

Mir hunn deen eropgesat, Här Spautz! Ech versti jo ganz gutt, datt Dir elo d'Steierreform nach net am Fong duergheguckt hutt. Mir hunn de Crédit d'impôt massiv..., mir hunn e verduebelt, an dee profitéiert also fundamental deenen ënneschte Gehälter.

Dat, wat Dir proposéiert, andeem Der jo sot, Dir wäert fir déi kleng Leit: Neen, et ass esou, datt, wa mer dee Barème eropgesat hätten, dee Seuil eropgesat hätten, dann hätt jiddweree bis op deen, deen 20.000 Euro de Mount an driwwer verdéngt hätt, och nach vun där Adaptatioun profitéiert.

An dat war jo net onst Zil. Well mir sinn higaangen an der Steuerreform... Mä ech loossen dat sinn, ech wëll elo net d'Steierreform hei kommentéieren. Mir hunn d'Taux marginaux uewen eropgesat op 41% an 42%, wat an anere Konstellatiounen, wou ech jo och emol war, mat deenen deemolege Finanzministern net esou einfach war. Do ass et och ëm déi Kleng an déi Déck gaangen. Do war et net méiglech, déi Tauxen op deen Niveau ze setzen. Dat ass an där heiter Steuerreform gemaach ginn!

(**Brouhaha**)

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- An déi heite Reform, och mat deem Crédit d'impôt, déi profitéiert genau deenen ënneschten, a besonnesch deenen ënneschten, an net deenen, déi souwisou dat net onbedéngt brauchen!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Här Minister, den...

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Elo nach ee Punkt zum Impôt de solidarité. Ah, den Här Spautz wëllt eppes soen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Voilà! Et ass genee dat, wat ech lech wollt soen.

(**Hilarité**)

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Also, Här Minister,...

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Jo?

► **M. Marc Spautz** (CSV).- ...ech wëll just soen, ech hunn d'Steierreform gelies! An déi 11.000 an e puer Zerquetschter, wou et elo lassgeet mat engem Joresgehalt, déi kann een awer roueg an d'Luucht setzen!

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Oh, et kann een ëmmer alles!

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Déi kann een awer roueg an d'Luucht setzen. Da kann ee jo uewen nach eppes maachen. Mä mir schwätze jo haut net iwwert d'Steierreform,...

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Neen, neen!

► **M. Marc Spautz** (CSV).- ...well ech hu mer jo scho misse vum Här Anzia virwerfe loossen, datt ech mer erlaabt hunn, doriwwer ze schwätzen!

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Här Spautz, net ech hu vun der Steuerreform...

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Neen, ech!

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Dir hutt mir hei gesot,...

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Jo, majo richtig.

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- ...fir de Mindestloun nach ze héijen, hätte mer sollen d'Steierentree nach eropsetzen. Ech hunn lech gesot, mir hunn dat gemaach mam Crédit d'impôt.

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Mä nach méi.

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Dee profitéiert besonnesch de Mindestlounempfänger an deenen aneren. Bon.

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Jo, mä mir hätten awer och nach kënnen de Mindestloun...

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Do hu mer..., ech muss nach eppes...

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Ech wollt nach eng Fro awer stellen.

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Jo?

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Mä da sot mer awer méinstens - ech hunn och gefrot -, firwat Der dann aus dem Statsbudget vum Emploi déi 72 Milliounen...

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Jo, do kommen ech och drop. E bësse Gedold, Här Spautz!

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Ah, do kommt Der drop. Merci!

(**Brouhaha**)

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Ech hunn lech dat schonn eemol explizéiert. Da maachen ech dat eben och nach eemol hei virun de Kollegen.

Mir hunn effektiv haut eng besser Marge am Fonds pour l'emploi. A firwat hu mer eng besser Marge am Fonds pour l'emploi? Majo, well de Chômage erofgeet, Här Spautz! De Chômage geet erof, de Chômage partiel geet erof, also hu mer eng gewësse Loft am Fonds pour l'emploi. Mir sinn also higaangen an déi Dotation, déi mer all Joer an de Fonds pour l'emploi hu misse ginn, well deen normale Finanzement vum Fonds pour l'emploi net duergaangen ass - an deene vergaangene Joren, dat wësst Dir och nach, dat wësst Der, hu mer ëmmer missen nach aus dem Budget en Transfert maachen -, déi konnte mer erofsetzen. Éischstens!

Dat Zweet ass, wa mer global d'Steierlaascht erofsetzen, da geet natierlech iwwert dee Wee och den Impôt de solidarité erof, mechanesch. Well den Impôt de solidarité ass en Impôt sur l'impôt. Also geet deen och erof.

An da soen ech lech: Mir kucken elo, wéi déi Evolutioun weidergeet am Fonds pour l'emploi. Wann déi Entwécklung esou positiv bleift an déi Transferten net méi mussen gemaach ginn, da kann een driwwer diskutéieren, d'nächst Joer oder d'Joer drop - mä firwat net d'nächst Joer? -, iwwert den Niveau vum Impôt de solidarité.

Mir wëllen ons awer net ze vill séier do avancéieren. Mir wësse jo net, wat fir eng aner Surprises nach kënnen kommen. Mir wëllen och weider eng aktiv Beschäftigungspolitik maachen aus deene Grënn, déi ech virdru gesot hunn, datt heescht, an d'Aarbecht investéieren a besonnesch an d'Qualifikatioun vun de Leit investéieren. Dat ass de fundamentalen Aspekt.

Mäi leschte Punkt, wou Der mech och schonn drop ugeschwat hutt, dat ass d'Indemnité d'apprentissage. Ech hu kee Problem, déi un den Index unzepassen, mä ech hätt am léifsten, wa mer...

► **Une voix**.- Un de Mindestloun.

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Un de Mindestloun, pardon, un den Index ass se jo ugepasst. Hoffentlech kënnt dee jo och. Ech hoffen et also. Mä wat mir um Häerz läit: datt mer eemol dee ganze Problem vun den Indemnités d'apprentissage neiuerdnen. Dat ass näamlech net optimal, esou wéi dat momentan besteet. Mir mussen, wa mer wëlle méi jonk Leit an den Apprentissage kréien - an ech mengen, dat muss onst gemeinsam Zil sinn, fir jonk Leit erëm an den Apprentissage ze kréien -, da mussen mer allgemeng iwwert déi Indemnités d'apprentissage diskutéieren.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Voilà!

Mäi leschte Punkt. Mir setzen also...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Den Här Spautz nach eng Kéier.

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Ech wollt just soen, Här Minister, bei deenen 72 Milliounen hätt awer och d'Regierung eng aner Décisioun kënnen huelen a soen: „Déi 72 Milliounen, déi bis elo aus dem Statsbudget bezuelt ginn, déi bleiwen erhalen.“ A mir hätten d'Solidaritätssteier bei de Leit erofgesat, och dat wier e Moyen gewiescht. An dann hätt och de Lëtzebuerger Stat...

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Mir hu jo d'Solidaritätssteier bei de Leit erofgesat, andeem mer d'Steiere bei de Leit erofsetzen.

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Ma neen. Dir hätt awer den Taux kënnen ganz erofsetzen an déi 72 Milliounen nach ëmmer huelen. Mä ech verstinn lech awer och: lech ass et jo egal, vu wou se kommen, vun där enger Säit oder vun där anerer Säit.

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Neen! Ech hunn am léifsten, datt mer esou mann Suen ausgi mussen am Fonds pour l'emploi wéi méiglech, well dat heescht, datt mer de Chômage erofkréien. Dat heescht, datt mer kee Chômage partiel hunn. Dat heescht, datt d'Leit eng sécher Aarbechtsplaz hunn. Dat ass dat, wat mech interesséiert! Dat wat ech wëll, dat ass, datt mer d'Fongen, d'Suen am Fonds pour l'emploi besonnesch fir Aarbecht investéieren an net, fir Chômage ze bezuelen.

Fir ze résuméieren: Éischters, mir setzen also déi 1,4% an d'Luucht, dat ass mechanesch. Okay, d'Leit hunn dat zegutt. Mä ech wëll, datt mer eng lwwerleeung, eng seriéis Analys maachen iwwert d'Situatioun vum Mindestloun am Kader zum Beispill vum Conseil économique et social, fir datt mer d'nächst Kéier kënnen en connaissance de cause doriwwer diskutéieren an och kucken, ob net aner Upassungen, eventuell eng strukturell Upassung noutwendeg ass. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Minister. Mir sinn domat um Enn vun eisen Diskussiounen ukomm a mir géifen iwwert den Ensembl vum Gesetzesprojet 7085 ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7085 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo - huet jiddwereen ofgestëmmt? - eriwuer.

60 Participatiounen un der Ofstëmmung: 60-mol Jo. Domat ass de Projet betreffend d'Adaptatioun vum Mindestloun unanime ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eichen, Léon Gloden (par M. Félix Eischen), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Octavie Modert), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Claude Wiseler (par M. Marc Spautz), Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Marc Angel), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger (par M. Gusty Graas), Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché) et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(**Assentiment**)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir sinn um Enn...

► **Une voix**.- Mir hunn nach d'Motioun ze stëmmen.

Motion 1

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ah jo, Dir hutt recht. Sorry, ech war e bëssen ze vill



presséiert. Mir hunn nach d'Motioun vun de Kollege vun déi Lénk. Ech mengen, si ass presentéiert. Sinn nach Wuertmeldungen dozou?

(Négation)

Dat ass net de Fall. Da géife mer iwwert d'Motioun ofstëmmen.

Vote sur la motion 1

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

56 Participatiounen: 3-mol Jo, 32-mol Neen an 21 Abstentiounen. Domat ass d'Motioun ofgeleent.

Ont voté oui: M. Marc Baum, Mme Françoise Hetto-Gaasch et M. David Wagner.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Yves Cruchten), Mmes Taina Boffering, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger (par M. Gusty Graas),

Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché) et M. Roberto Traversini.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

A mir sinn elo um Enn vun eisen Aarbechten ukomm. Här Spautz?

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Ech wollt d'Justifikatioun ginn, firwat mer eis bei där Motioun enthalen hunn. Et si verschidde Punkten dran an där Motioun, déi eis ganz, ganz sym-

pathesch sinn. Dat ass zum Beispill, dass endlech dat mat der Charte sociale géif hei zu Lëtzebuerg ëmgesat ginn. Eis Verrieder am Europarat, déi trëppelen normalerweis... Eemol d'Joer gi se virstelleg, fir ze soen, dass et wichteg wier, dass d' Ratifikatioun vun der Charte sociale...

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Vum Zousazprotokoll!

► **M. Marc Spautz** (CSV).- ...vum Zousazprotokoll géif gemaach ginn. Duerfir sinn och verschidde Punkten dran, déi eis ganz sympathesch waren. Et sinn awer aner Punkten, mat deene mer eis net konnten identifizéieren. Duerfir hu mer eis enthalen.

Villmoos Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci. Den Här Engel, zu wat?

► **M. Georges Engel** (LSAP), *rapporteur.*- Och zu der Motioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Och zu der Motioun.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- De Vott ass eriwwer, Här Engel.

► **M. Georges Engel** (LSAP), *rapporteur.*- Jo, mä da war e virdrun och eriwwer. E war virdrun awer och eriwwer.

(Brouhaha)

► **M. Marc Angel** (LSAP).- Hien huet seng Enthalung motivéiert.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Neen, neen. Hei ass d'Motivatioun vun der Abstentioun.


► **M. Georges Engel** (LSAP), *rapporteur.*- Okay. Neen, et ass gutt!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Also, mir sinn um Enn vun eisen Aarbechten ukomm.

► **M. Georges Engel** (LSAP), *rapporteur.*- Ech hätt kënne soen, firwat mer dergéint gestëmmt hunn. Mä et ass egal.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Jo. Merci gesot. Domat ass d'Sëtzung eriwwer an ech ginn lech Rendez-vous muer um zwou Auer.

(Fin de la séance publique à 17.32 heures)



Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente • M. Henri Kox, Vice-Président

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- M. Mars Di Bartolomeo, Président

2. Changement de composition d'une commission parlementaire

- M. Mars Di Bartolomeo, Président

3. Débat de consultation sur la croissance économique et la compétitivité au Luxembourg
Interpellation de M. Laurent Mosar sur les perspectives de développement de l'économie luxembourgeoise

- Exposés: M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie, M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, M. Laurent Mosar (interventions de M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie) (dépôt de douze motions)

- Débat: M. Félix Eischen (dépôt d'une demande d'interpellation), M. Franz Fayot (interventions de M. Laurent Mosar), Mme Joëlle Elvinger, M. Gérard Anzia (intervention de Mme Octavie Modert), M. Roy Reding, M. Marc Baum (intervention de M. Gast Gibéryen), M. André Bauler

- Prises de position du Gouvernement: M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie (interventions de M. Marcel Oberweis, M. Laurent Mosar et Mme Octavie Modert), M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances (interventions de M. Laurent Mosar, Mme Octavie Modert, M. Gilles Roth, M. Alexander Krieps, Mme Nancy Arendt, M. Gast Gibéryen, M. Eugène Berger, M. Laurent Mosar, M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie, Mme Nancy Arendt, M. Gast Gibéryen)

- Motions: M. Laurent Mosar, M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances

- Votes sur les motions 1 à 7 (rejetées)

- Votes sur les motions 8 et 9 (adoptées)

- Votes sur les motions 10 à 12 (rejetées)

4. Ordre du jour

- M. Mars Di Bartolomeo, Président

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; M. Pierre Gramegna, Ministre.

(Début de la séance publique à 14.02 heures)

1. Ouverture de la séance publique

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Ech maachen d'Sëtzung op. An ech mengen, ech brauch net ze froen, ob Matdeelunge vun der Regierung kommen.

(Négation)

Déi wäerten direkt anschlüssend kommen. Ech huelen dat dann zur Kenntnis. Merci.

2. Changement de composition d'une commission parlementaire

Ech wollt da just d'Chamber informéieren, dass et op Wonsch vun der liberaler Fraktioun zu

enger Ännerung an enger parlamentarescher Kommissioun kënnt. An der Santé-, Égalitéits- a Sportskommissioun ersetzt den Här Claude Lamberty den Här Alexander Krieps fir de Volet Sport.

(Brouhaha)

Ass d'Chamber mat där Ännerung averstanen?

(Assentiment)

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Dann ass dat esou décidéiert.

Mir géifen dann zum éischte Punkt vun eiseem Ordre du jour vun de Mëtten iwwergoen, enger Konsultatiounsdebatt iwwert de Wuessum an d'Kompetitivitéit zesumme mat der Interpellatioun vum Här Laurent Mosar iwwert d'Entwécklungsperspektive vun eiser Ekonomie. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeleecht. Vu dass mer déi zwou Initiative matene verschmëlzen, wäert d'Regierung elo als Éischt eng Deklaratioun maachen, gedeelt

tëschent dem Finanzminister an dem Wirtschaftsminister, an da kënnt den Interpellant drun an duerno eng gemeinsam Diskussioun.

Voilà. Wie fänkt bei der Regierung un?

Den Här Wirtschaftsminister, den Här Etienne Schneider.

3. Débat de consultation sur la croissance économique et la compétitivité au Luxembourg

Interpellation de M. Laurent Mosar sur les perspectives de développement de l'économie luxembourgeoise

Exposés

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de l'Économie.*- Gudde Mëtteg, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech géif vläicht virausschécken, dass, vu dass mer haut an der Situatioun sinn, dass mer en Débat, eisen traditionellen Débat iwwert d'Kompetitivitéit, kombinéiere mat enger Interpellatiounsufro vum honorabelen Deputéierte Laurent Mosar an d'Regierung elo fir d'Introduktioun insgesamt eng hallef Stonn just zegutt huet, dat heescht eng Véierelstonn fir mech an eng Véierelstonn fir de Finanzminister, probéieren ech, mech wierklech op de Minimum ze reduzéieren. Dat heescht, ech ginn net a grouss Chifferen an. Dir hutt d'Dokumenter zougestallt kritt, dofir wäert ech mer erlaben, dat ewechzeloossen a mech op eng Rei méi sommaire Analysen hei ze beschränken, fir herno och kënne méi Zäit vläicht ze hunn, fir am Débat ze diskutéieren.

Ech wëll awer och virausschécken, dass ech gelies hunn haut, dass den Interpellant, den Här Mosar, haut zwielf Motioune wëllt presentéieren, fir d'Ekonomie „ze relancéieren“. Do war ech e bëssen erstaunt. Ech hu geduecht, mat bal 5% Wuessum misst een näischt méi relancéieren. Mä ech sinn dann emol gespaant ze héieren, wat dann do kënnt, d'autant plus, wou jo awer op där anerer Säit an der CSV gefuerdert gëtt, dass mer manner schnell solle wuessen. Dofir weess ech elo net, wéi déi awer e bësse schizophreen Positioun soll iwwerenee-bruecht ginn, op där enger Säit d'Ekonomie nach iwwer 4%, 5% eraus wuessen ze loosse an op där anerer Säit awer manner Wuessum ze kréien. Ech weess net wierklech, wéi Der dat wëllt erklären.

(Interruptions et brouhaha)

Ech wäert ganz gespaant haut ofwaarden, och mat Ären Iddien, fir d'Betribsbesteuerung erofzesetzen, virgëschter, wéi vum Här Halsdorf ugedeit, d'Défenseausgaben eropzesetzen, gläichzäiteg awer en équilibréierte Budget ze fuerderen. An awer, dat Ganzt soll kee Wuessum bedeiten, wann ech dem Här Spautz nolauschteeren, méi Wuessum bedeiten, wann ech dem...

(Interruption)

...wann ech dem... Mä Dir héiert mech jo, Dir héiert mech jo!

(Hilarité)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Sou, wann ech gelift!

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de l'Économie.*- Op alle Fall sinn ech gespaant, wéi Der d'Quadratur vum Krees dann hei fäerdeg kritt.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- ...krut nach näischt vum Kleeschen.

(Hilarité)

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de l'Économie.*- Et ass gutt. Do halen ech mech eraus.

► **Une voix.**- Do musst Der vum Houseker schwätzen.

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de l'Économie.*- Do halen ech mech eraus. Ech wëll just ufänken, andeem ech soen, dass d'Situatioun, d'ekonomesch Situatioun vum Land eng ganz gutt ass, speziell wann ee bedenkt, a wéi engem onsecheren internationale Kontext mer eis awer hei befannen, mat engem Brexit, mat enger Wahl vun engem Donald Trump, wou een net weess, wat dat alles wäert bedeide fir d'Welteconomie, mat enger Krisesituatioun elo erëm an Italien, mat allen Inzidenzen, déi dat wäert hunn op d'Ekonomie, op d'Währung, op eis gemeinsam Währung, et cetera.

Dat alles gesinn, ass et also ëmsou méi remarkabel, dass mir hei eng Croissance hunn, déi extrem héich ass, déi permanent neien Emploi schafft, wou de Chômage regelméisseg erofgeet, déi eis elo erlaabt, eng Réforme fiscale d'nächst Woch hei ze stëmmen, déi de Leit méi Kafkraaft wäert ginn. D'Revaloriséierung vum Mindestlohn, déi Der gëschter gestëmmt hutt, gëtt de Leit méi Kafkraaft. Dann, d'Revalorisatioun vun de Rente gëtt de Leit méi Kafkraaft. An dann och deen Index, dee mer jo elo erëm ganz knapp verpasst hunn, deen awer dann iergendwann elo wäert kommen, gëtt och de Leit erëm méi Kafkraaft. Alles dat wäert natierlech och d'nächst Joer positiv Inzidenzen op d'Bannennofro hei zu Lëtzebuerg hunn an domadder dann och op d'Ekonomie.

Déi gutt Situatioun, déi gutt ekonomesch Situatioun, déi mer hunn, déi erlaabt eis dofir och, e laangen Débat kënnen ze féieren iwwert de qualitative Wuessum, respektiv e laren Débat iwwert de qualitative Wuessum kënnen ze féieren. De François Bausch huet eng Rei Diskussiounsronnen ageleet gehat virun dräi Wochen. Doropshin ass d'Presentatioun komm vum Rifkin, vun der Rifkin-Etüd, déi ëmmerhi 475 Säiten Analysen a gutt Iddien entwéckelt huet, an dat zesumme mat 300 Experten hei aus dem Land, fir ze kucken, wéi mer eis Ekonomie méi nohalteg kënnen opstellen a wéi mer dee Wuessum besser gëréiert kréie respektiv an déi richteg Bunne kënne féieren.